



Deklaratioun iwwert d'Aussepolitik an der Chamber
den 19. November 2024

Et gëllt dat geschwatent Wuert

Här Prääsident, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert,

Dat hei ass meng éischt Ried als Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel an dëser Chamber. Et ass dofir eng grouss Freed, haut hei ze sinn.

[Struktur vum MAE]

Wéi dir wësst, huet dës Regierung den Ausseministère a senger Zesummesetzung nei opgestallt. Et war mir an de Koalitiounsverhandlungen vun Ufank u wichteg, all déi grouss Beräicher vun der Aussepolitik am Ausseministère zesummen ze féieren. Dofir ass den Aussenhandel elo Partie intégrante vun onsem Ministère, grad wéi d'Groussregioun. Ech hunn an dëser Regierung d'Verantwortung fir déi Beräicher iwwerholl, grad wéi fir d'Entwécklungshëllef – iwwert déi schwätzen ech iech an e puer Méint op dëser Tribün. D'Defense ass Partie vum Ministère bliwwen an d'Ministesche Backes an ech schaffen Hand an Hand zesummen op all deene Sujeten, op deenen et Synergien tëschent Verteidigungspolitik an Aussepolitik gëtt. D'Defense ass e feste Bestanddeel vun onser "3D" Approche vun der Aussepolitik : Defense, Diplomatie an Développement funktionéieren zesummen – ech kommen herno méi am Detail dorop zréck.

[Introductioun]

Mä elo zur Aussepolitik, sou wéi mir se zanter engem Joer maachen.

Et war en turbulent Joer, dat ass dat Mannst wat ee ka soen. Turbulent souwuel um europäeschen wéi um internationalen Niveau. Ech wëll direkt virop e puer Wuert soen iwwert d'Walen an Amerika, lo wou konfirméiert ass, dass den Donald Trump den nächste Prääsident vun den USA wäert ginn. Nach ass jo net ganz kloer, wéi den Donald Trump säin zweet Mandat als Prääsident wäert upaken, a ween all d'Schlüssel-Positiounen a senger Administratioun wäert anhuelen, mä den Toun, an déi grouss Linne vun der Politik, huet den Trump och schon am Walkampf ugekënnegt.

Ech kennen den Donald Trump aus menger Zäit als Premier Minister, a wäert matt him a sengen neien Ekippe schaffen, wéi deemools vun 2016 bis 2020, fir déi bilateral Relatioun vu Lëtzebuerg

matt den USA weider ze stäerken, fir ons Interessen, awer och ons Wäerter, konsequent ze verteidegen. “America First” soll an dierf net “America Alone” heeschen. Demokratie, Rechtsstaatlechkeet a Gewaltentrennung, Mënscherechter, internationaalt Recht sinn och d’Basis vum amerikanesche Grondgesetz, a kënnen net frësch verhandelt ginn. Fir e Land vun onser Gréisst sinn dat Grondprinzipien, déi fundamental sinn, jo liewenswichtig. Mä och e grousst Land wéi d’USA brauch en internationale Rechtskader deen net a Fro ka gestallt ginn. An och d’USA vum Präsident Trump brauche Partner op onser Welt. Ech zielen drop, dass déi nei amerikanesch Regierung sech wäert engagieren fir déi grousst Krisen mat unzepaken, déi d’Weltgemeinschaft probéiert zesummen ze meeschten. De Multilateralismus, matt der UNO am Zentrum, bleibt dofir onst bescht Instrument.

Ech hunn iwwert dat lescht Joer a villen Dossieren erlieft, dass d’EU sech schwéier deet, gemeinsam Positiounen ze fannen. Vläch ass d’Wal vum Donald Trump e gudde Moment, fir ons als Europäesch Unioun nei bewusst ze ginn, dass am Fong ons Unitéit ons gréisste Stärkt ass. Mir müssen ons um Rimm rappen, fir méi eeneg a méi kohärent opzetrieden. Ons Positioun zum Krich an der Ukrain ass ee vun deene komplizierten Dossieren, den Noen Osten ass een aneren. Ech kommen am Laf vun dëser Ried dorop zréck.

[Struktur vun der Ried]

Ech wäert elo dës Sujeten ugoen, der Rei no,

- d'politesch Situatioun um internationalen Niveau, an hiren Impakt op déi europäesch Sécherheetsarchitektur an op Lëtzebuerg;
- d'politesch Situatioun op europäeschem Niveau, wou mer lo gläich matt enger neier Kommissioun an engem nei gewielten Europa-Parlament wäerte schaffen;
- ons Lëtzebuerger Siège-Politik, fir onse Siège ze stäerken an auszubauen;
- d'international Handelspolitik, déi mir als EU an engem schwiereren internationale Kontext maachen, matt och enger Rëtsch Implikatiounen um nationalen Niveau;
- ons Politik fir d'Förderung vum Aussenhandel a vun den Investissementer zu Lëtzebuerg, déi mir nei an d'Aussepolitik integréiert hunn an déi baséiert op engem Konzept vun "Team Lëtzebuerg", fir e produktive Kader ze schafen an deem all d'Akteuren un engem Strack zéien;
- d'konsularesch Aarbecht, déi den Ausseministère mécht fir onse Leit am Ausland ze hëllefen, an déi och d'Ausstelle vu Päss a vu Visaen ëmfaasst – do wäert ech iech duerchaus zimmlech impressionnant Zuele präsentéieren;
- A schlussendlech wäert ech en Ausbléck maachen op dat nächst Joer, dat sécher net manner mouvementéiert gött wéi dat lescht, an dat vill Geleeënheete wäert bidden, fir den Engagement vu Lëtzebuerg op internationalem Niveau ze konsolidéieren.
- Mir kucke fir 2025 virun allem
 - o op 6 Méint Présidence vum Europarot, déi elo just ugefaangen huet,
 - o op e Joer Présidence vum Benelux,
 - o op d'Expo zu Osaka, matt engem Lëtzebuerger Pavillon,
 - o op de 40. Anniversaire vum Accord vu Schengen, den et méi wichteg ass ze verteidegen wéi jee virdrun,
 - o op onst Mandat vun 2 Joer am Conseil vun de Gouverneuren vun der Internationaler Atom-Energie-Agence (IAEA), dat zanter September leeft,
 - o op d'Preparatioun vun onsem Mandat am Conseil exécutif vun der UNESCO, wou mir schon 20 Joer net méi vertraude waren,
 - o op wichteg Wirtschaftsmissiounen bei onse gréissten Handelspartner,
 - o op Pläng, onsen diplomatesche Réseau weider ze vergréisseren, fir ons Interessen a Wäerter nach méi efficace dobaussen ze verteidegen.

[Eng Diplomatie vum Dialog]

Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären,

Als Ausseminister setzen ech mech konsequent a konstant an fir Zesummenaarbecht a fir Dialog, op allen Niveaue. Aussepolitik ass fir mech un éischer Stell eng Politik vum Dialog a vum Kontakt, matt allen Acteuren, mam Zil, fir ons Interessen anzetrieden, zur Konfliktléisung bäizedroen, de Multilateralismus ze stäerken, d'Reputatioun vun onsem Land ze pfliegen, an ons Wäerter – déi jo universell Wäerter sinn – ze verteidegen. Awer ouni ze schoulmeeschteren oder ze priedegen. En oppenen an éierlechen Dialog bréngt méi wéi all Lektoun. Aussepolitik setzt vill Empathie viraus, an déi Reesen, déi ech als Ausseminister an als Développementsminister maachen, loosse mech net kal. Ech begéine Mënschen déi a Krichssituatioune liewen, Mënschen, déi ëm d'Iwwerliewe kämpfen. Vun all Rees bréngen ech eppes matt, all Rees beweegt mech.

Iwwert déi lescht 12 Méint hunn ech, op menge Reesen a Wirtschaftsmissiounen am Ausland, bei de Visitten déi ech hei zu Lëtzebuerg empfaangen hunn, a bei de multilateralen Engagementer, ronn 354 Entrevuë gehat.

Dialog heescht net, dass een d'Konfrontatioun géif fäerten : ech scheie mech net, mengen Interlocuteurs d'Wourecht ze soen, och wann se wann se net ëmmer agreabel ass. Dofir sinn ech, wéi och aner Lëtzebuerger Regierungsmemberen, och op Budapest gaangen, fir un informellen EU-Minister-Reuniounen deelzehuelen, ënnert ungarischer Présidence, wärenddeems sëlleg EU Ministeren a Kommissären déi Réuniounen boykottéiert hunn. Ech wëll just drun erënneren, dass virun e puer Deeg eng Réunioun zu Budapest war, wou se all do waren.

Dialog heescht och, op grave Verstéiss géint d'Mënscherechter an d'internationaalt Recht hinweisen. Dat si mir deene Leit schëlleg, déi ënnert deene Verstéiss leiden an déi drop ugewise sinn, dass anerer fir si antrieden. Dat huet Lëtzebuerg zum Beispill déi lescht dräi Joer zu Genf am Mënscherechtsrot vun der UNO gemaach, wou et drëms geet, d'Rechter vun deenen ze verteidegen, déi keng Stëmm hunn, sief et am Afghanistan oder a Syrien, a Russland oder am Sudan an op sou villen anere Plazen op dëser Welt.

Konflikter a Krisen gëtt et jo leider enorm vill uechter d'Welt. Lëtzebuerg probéiert, do wou mir kënnen, ons Roll ze spillen fir zu konstruktive Léisunge bäizedroen, bilateral a multilateral. Wann ech op déi lescht 12 Méint zrëck kucken, dann hunn d'Ukrain an den Noen Osten ons am meeschte beschäftegt.

[Krich an der Ukrain]

Déi russesch Aggressioun géint d'Ukrain huet d'Sécherheetsarchitektur vun Europa, wéi se an der Schlussakte vun Helsinki 1975 festgeluecht gouf, fundamental verännert. Mir sinn an enger Situatioun, déi mer sou nach net haten: ee permanente Member vum UNO-Sécherheetsrot huet säin Noper brutal iwerrannt an déi fundamentaalste Prinzipien vun der UN-Charta verletzt : Fräiheet a Souveränitéit, territorial Integritéit, Onofhängegkeet.

Haut ass en trauregen Dag : haut sinn et dausend Deeg zanter russesch Truppen massiv an d'Ukrain amarschéiert sinn. Dee Krich huet a bal dräi Joer d'Liewe vun Dausende Mënsche kascht, onvirstellbar Zerstéierungen verursaacht, Milliounen vu Mënschen verdréiwwen an zu ganz grave Verstéiss géint d'Mënscherechter an d'humanitäre internationalt Recht geféiert.

Grad elo, wou d'Ukrain Schwieeregkeeten op der Front huet an hir Energieinfrastrukturen permanent ugegraff ginn, grad elo wou gefaart gëtt, dass de Präsident Trump presséiert wäert sinn, dem Krich en Enn ze setzen ouni Rücksicht ze huelen op der Ukrain hir territorial Integritéit, dierf d'Unitéit vun den europäeschen a westleche Länner vis-à-vis vu Russland, an an der Ënnerstëtzung vun der Ukrain, net zerfallen. Mir müssen ons als Europäesch Unioun vum éischte Moment un matt der neier amerikanescher Administratioun koordinéieren.

D'Perspektiv vun engem Enn vum Krich ass leider nach net a Siicht, well de Präsident Putin weiderhin keng Ustalte mécht, senger Aggressioun en Enn ze setzen. Ech erënneren drun, dass d'Ukrain sech verteidegt, am Aklang mam Artikel 51 vun der Charta vun de Vereenten Natiounen, an dass Russland et zu all Moment an der Hand huet, de Krich ze stoppen.

Als EU, als NATO, an och bilateral ënnerstëtze mir d'Ukrainer, fir um Terrain Fortschrëttler ze maachen, fir dass Verhandlungen fir si méiglech ginn a fir dass dës Verhandlungen zu engem dauerhafte Fridde féieren an deem Russland d'Souveränitéit vu sengem Nopeschland unerkennt. All Konflikt muss schlussendlech um Verhandlungsdësch geléist ginn, mä d'Ukrain dierf net forcéiert ginn, sech un en Dësch ze setzen un deem en ongerechte Fridde soll iwwert de Knéi gebrach ginn.

Mir ënnerstëtzen d'Ukrain och, well mir ons bewusst sinn dass, d'Sécherheet an d'Zukunft vu ganz Europa bei dësem Krich um Spill stinn. Zanter geschwënn dräi Joer huet Lëtzebuerg, zesumme mat senger Partner, sech enorm fir d'Hëllef un d'Ukrain engagéiert, sief et um militäreschen, um humanitären oder um finanzielle Plang. Am Juli 2024, en marge vum NATO Sommet, huet eise Premier Minister matt hirem Präsident e bilaterale Sécherheetsaccord matt der Ukrain ënnerschriwwen, an deem d'Lëtzebuurger Regierung sech engagéiert, ons Hëllef an alle Beräicher iwwert déi nächst Joren oprecht ze erhalten. Mir schaffen och bilateral an der Ukrain, besonnesch am Déminage, fir d'Bedingungen ze schafen fir d'Rekonstruktioun, soubal de Krich eriwwer ass. Op EU Niveau setze mir ons derfir an, dass d'EU d'Ukrain weider aktiv ënnerstëtzt.

Op multilateralem Niveau schaffe mir matt un allen Initiativen bei deenen et em d'Rechenschaftspflicht fir d'Verbriechen an der Ukrain geet.

[Koordinatioun matt der Défense/Ministesch Yuriko Backes]

Op dëser Plaz wëll ech e Wuert soen iwwert déi exzellente Zesummenaarbecht, déi ech mam Yuriko Backes a sengen Ekippen hunn. D'Ukrain ass warscheinlech dat beschte Beispill fir d'Synergien, déi tëschent Aussepolitik a Verdeidungspolitik bestinn. Um Sommet vun der NATO zu Washington, dee mir zesummen mam Premier Minister an der Defenseministesch virbereet hunn, hu mir ons och zesumme mat onsen Alliierten drop geeenegt, dass d'Zukunft vun der Ukrain an der NATO ass. Als Member vun der NATO a vun der EU wäert ons Défense weider militärescht Equipement schécken a mir wäerten ons weider u multinationalen Initiative fir d'Beschafen vu Material bedeelegen.

Dir wësst, dass Lëtzebuerg wäert als NATO Alliierte säin Deel zur kollektiver Defense bäidroen. Dat heescht, dass mir ons Verdeidung stärke mussen. Mir hunn ons als Regierung dozou engagéiert, bis 2030 2% vum RNB an Verdeidung ze investéieren. Doriwwer eraus wäerte mir och weider u Missiounen vun der NATO an der EU Säit u Säit mat onsen Partner deelhuefen. Ech hätt ni gemengt, ier ech Premier Minister an elo Ausseminister gi sinn, dass ech géif esou eppes verteidege mussen. Mee ech muss lech awer soen, dass d'Sécherheetssituatioun an Europa engem kee Choix léisst.

Et ass jo evident, dass Lëtzebuerg sech net aleng ka verteidegen, an dass mir grouss Defenseprojeten net ëmmer aleng stemme kënnen. Dofir sinn d'Partnerschafte mat onsen Frënn an Alliierten, virun allem der Belsch, mee och aneren, een weesentlech Deel vun onser Défensepolitik, an och hei gräifen Aussepolitik an Défensepolitik enk anenaner.

[Impakt vun der russescher Aggressioun op international Normen]

Ech hunn ugeschwat, dass den Ukrain-Krich d'europäesch Sécherheitsarchitektur op d'Kopp gedréint huet. Dozou e puer Elementer : Am Kontext vum Ukrain-Konflikt eskaléiert d'nuklear Rhetorik vu Russland ëmmer weider. Rezent huet Moskau seng Nukleardoktrin an deem Sënn ugepasst. Nuklear Menacen vum Präsident Putin géint de Westen ënnergruewen ons global Efforten am Beräich vun der nuklearer Net-Weider-Verbreedung. Russland verstéisst domat géint déi Engagementer déi d'Memberstaaten vum nuklearen Non-Proliferatiouns-Vertrag (NPT) geholl hunn. Aner Länner, déi eng nuklear Politik bedreiwen, déi net am Aklang mam NPT ass, wéi Iran an Nordkorea, profitéieren vun dëser ugespaanter an onsécherer Situatioun an engem Beräich vum internationale Recht, deen eminent wichteg ass, fir ze verhënneren, dass jeemools nach eng kéier nuklear Waffe kéinten agesat ginn.

Et ass och ganz kritesch dass Russland, zanter dem Ufank vun der Agressioun géint d'Ukrain, den CFE Traité, iwwert Konventionnell Forcen an Europa (*Conventional Forces in Europe*) opgekënnegt huet. Dësen Traité gouf um Enn vum Kale Krich verhandelt, a gëllt als eent vun de Fundamenter vun der europäescher Sécherheet. Am Géigenzuch zur russescher Opkënnegung huet Lëtzebuerg, grad wéi d'Alliéiert, den Traité op onbestëmmten Zäit suspendéiert. Ons Suspensioun schéckt am Fong och e kloert Signal u Russland, dass fir d'NATO d'Géigesäitegkeet en zentralen Aspekt vun der Ofrüstung ass. Trotz där Suspensioun bleiwe mir natierlech engagéiert vis-à-vis vun der konventioneller Waffekontroll.

[Impakt vum Krich op de Rescht vun der Welt – Duebel Standards mussen evitéiert ginn]

Iwwert d'europäesch Sécherheetssituatioun eraus, dierfe mir, wat d'Ukraine ugeet, och ni vergiessen dass d'Konsequenzen vum Krich wäit iwwert d'Ukrain an Europa eraus ginn. Inflatoun, héich Liewensmëttelpräisser an héich Energiepräisser déi duerch de Krich provoziert goufen, hunn en Impakt op de Rescht vun der Welt.

Et gëtt vill Länner op der Welt, déi keng kloer Positioun anhuele wëllen – aus ganz ënnerschiddleche Grënn. Vill vun hinne soen ons, dass si historiesch gutt Relatiounen mat Russland a mat der Ukraine hunn, a kee Choix wëlle musse maachen. Mat deene Länner siche mir den Dialog fir de Message ze vermëttelen, dass et keng Neutralitéit ka ginn, wann d'internationaalt Recht esou mat Féiss getrëppelt gëtt. Kee sollt acceptéieren, dass d'Muecht vum Stärksten déi ass, déi zielt – dat wier e Précédent, deen nach op villen anere Plaze vun der Welt kéint zu grousem Onrecht féieren. An déi Länner, déi dat net wëllen agesinn, sollen sech eng Kéier déi Fro stellen wann et hinne muer geschitt, wéi se da géife reagieren.

An onser Approche zu deene ville Konflikter uechter d'Welt, wëlle mir kohärent sinn a verhënneren datt duebel Standarden applizéiert ginn. Onse Message ass also: ob an der Ukraine, a Gaza, am Libanon, am Sudan, am Venezuela, am Myanmar oder am Congo... : d'internationaalt Recht an d'Mënschrechter sinn iwwerall d'selwecht wichteg.

[Ëstlech Noperschaft – Georgien, Moldawien, Armenien-Aserbajdschan]

Ier ech bei de Moyen-Orient kommen, schwätzen ech iech kuerz vun der ëstlecher Noperschaft vun der EU, well do d'Auswierkunge vum Ukrain-Krich am meeschten ze spiere sinn. Mir dierfen effektiv net vergiessen, dass Russland och aner Länner a sengem Ëmfeld destabiliséiert. Dat gëllt fir Georgien, dat gëllt fir Moldawien, dat gëllt fir Armenien. Dat dierf ons net egal sinn : d'EU kann net behaupten ee "geopoliteschen Akteur" ze sinn wa mir net am Stand sinn ons Nopeschlänner viru russeschen Destabilisatiounsversich ze schützen. A Georgien hu mir rezent gesinn, wéi wäit déi Destabilisatioun och ka goen. D'Resultat vun de Walen, dat staark contestéiert ass, confirméiert leider, dass Georgien sech aktuell méi a méi vun der EU, am Fong, distanzéiert. Mir

mussen alles maache wat mir kënnen, fir d'georgescht Bevëlkerung ze ënnerstëtzen, déi de Wee a Richtung EU ageschloen hat. A Moldawien ass de Referendum iwwert d'EU Adhésioun sou just gutt ausgegangen, mä et gesäit sou aus, wéi wa russesch Desinformatioun bis zu 10% vun de Stëmme hätt kéinte kascht hunn.

De Südkaukasus ass effektiv eng ganz sensibel Kontaktzon wou widdersprénglech Interessen openeen stoussen. Déi dräi Länner vum Kaukasus – Georgien, Armenien an Aserbaidschan – sichen zanter 1991 regional Integratiounsmodalitéiten, déi hinnen erlaube kéinten, den Ambitiounen vun hire mächtege Noperen z'entkommen. D'EU sollt hinnen op dësem Wee hëllefen. Lëtzebuerg ënnerstëtzt de Friddensprozess tëscht Armenien an Aserbaidschan. Ech war ugangs September an Armenien a konnt mer e Bild dervunner maachen, wéi fragil d'Demokratie am Fong an Armenien ass, a wéi néideg e Fridden matt Aserbaidschan an eng Normalisatioun matt der Tierkei sinn, fir der armenescher Bevëlkerung eng Zukunftsperspektiv a Fridden an a Sécherheet och kënnen ze ginn. D'COP29 ass zu Baku voll amgaangen, a mir haten en Appel gemaach, dass e Friddensofkommen tëschent Armenien an Aserbaidschan, nach virun der COP29, am Interessi vun der ganzer Regioun gewiescht wier. Ech muss iech soen, dass ech enttäuscht sinn, dass déi Geleeënheet net ergraff gouf an appelléiere weider un ons aserbaidschanesch Kollegen, Schrëtt op Armenien duer ze maachen. Ech hunn Institutiounen kontaktéiert, ech hu mat anere Kollege geschwat, déi och Ausseministere sinn an dohinner gaang sinn. Je pense que c'est une occasion ratée déi COP29 net benotzt ze hunn. Et wier am Intérêt vun den Azéieren gewiescht ze weisen, dass een op si kann zielen. D'Resultater vun der COP sinn och nach eppes anescht, mä déi aner Situatioun mécht mer wierklech Suergen.

[Lëtzebuurger Participatioun an EU Zivilmissiounen]

Op menger Rees an Armenien konnt ech och d'EU Monitoring Mission Armenia besichen, déi op der Kontaktlinn tëschent Aserbaidschan an Armenien, op armeenescher Säit, derfir zoustänneg ass, ze iwwerwaachen, dass et net zu militäreschen Iwwergrëffer a Konfrontatiounen kënnt. Ech konnt och onse Lëtzebuurger Polizist do begéinen. Dat gëtt mer op dëser Plaz d'Geleeënheet, iech kuerz ze schwätzen vun onser Participatioun, als Lëtzebuerg, un ziville Friddensmissiounen vun der EU. Lëtzebuerg ass zu dësem Zäitpunkt engagéiert an de Missiounen an Armenien an a Georgien, an ech wëll hei all deene Polizisten, déi um Terrain engagéiert sinn a waren, e grouse Merci fir hiren Asaz soen, an dem Minister Gloden a sengen Ekippen e grouse Merci fir d'Zesummenaarbecht op dësen Dossieren. Ons Bedeelegung un Zivil-Missiounen ass e wichtegt Element vun onsem Engagement fir d'europäesch Sécherheetspolitik.

[Noen Osten]

Dir Dammen an Dir Hären,

Den Noen Osten ass déi Regioun, an déi ech d'lescht Joer – nieft Bréissel – am meeschte besicht hunn. Ech war dräimol an Israel a Palästina, an eemol a Jordanien. Dat kënnt net vun ongeféier. Nieft dem Ukrain-Krich ass et déi dramatesch Situatioun a Gaza, an elo och am Libanon, déi ons am meeschte beschäftigt, a fir déi mir onbedéngt weider no Léisunge mussen sichen, sou séier wéi méiglech, matt der aktueller amerikanescher Regierung vum Präsident Biden, bis Enn Januar, an duerno matt der neier Regierung vum Präsident Trump. Et ass evident, dass et keng dauerhaft friddlech Léisung wäert ginn am Noen Osten ouni Amerika.

D'lescht Woch, an der Aktualitéitsstonn iwwer Palästina, hunn ech iech e Rapport gemaach iwwert meng lescht Rees zu Jerusalem an zu Ramallah, den 30. Oktober. Et war eng komplizéiert Rees. Ech krut keng kloer Äntwert drop, wat fir Krichsziler Israel nach erreeche wëllt, nodeems d'Cheffen vun Hamas an Hezbollah dout sinn. Et war eng Visite direkt nom Vote an der Knesset iwwer zwee Gesetzer, déi der UNRWA wëlle verbidden, weiderhin hiert Mandat am Westjordanland, och Ost-Jerusalem, an a Gaza, auszeüben. An d'Existenz vun der UNRWA steet um Spill, an dat an engem Moment, wou se net wechzedenken ass um Terrain, wann een d'Situatioun och kennt. Ech hunn d'UNRWA bei menge Visitten um Terrain begéint an à l'oeuvre gesinn am Westjordanland, an hire Schoulen, an hire Spideeler. A Gaza ass d'UNRWA déi eenzeg Organisatioun, déi d'Leit nach erreeche kann, an déi iwwerliewenswichtig Hëllef kann intern verdeelen.

Soulaang wéi keng Alternativ do ass, soulaang ass d'Mandat vun der UNRWA vital. An dat am éischte Sënn vum Wuert : Honnerttausende Palästinenser sinn op d'UNRWA ugewisen fir ze liewen, jo fir ze iwwerliewen. A Gaza geet et zanter iwwert engem Joer em d'blankt Iwwerliewen. Déi fuerchtbar Biller, wou all Dag onschëlleg Zivilisten, dorënner vill Kanner, ëmkommen, well Israel weiderhi kämpft géint den Terrorismus vum Hamas, loosse keen Zweifel drun dass d'UNRWA net einfach sou ka vun der Knesset ofgeschaaft ginn.

Si ass net perfekt, a si geet duerch e wichtege Reform-Prozess dee mir ënnerstëtzen. Ech schwätzen doriwwer matt hinnen, an och iwwer schwiereg Dossieren wéi déi vun de Schoulbicher vun der palästinensescher Autoritéit, déi weider mussen iwwerschaaft ginn. Ech kann iech versécheren, dass de Commissaire général, de Philippe Lazzarini, deen ech virun zwou Wochen zu New York begéint hat, de Prozess vun der Ëmsetzung vum Colonna-Rapport rigouréis duerchféiert, an dat während d'Agence ënner onméigleche Bedingungen hir humanitär Aarbecht mécht. Fir d'UNRWA, déi och fir d'Palästinenser am Libanon, a Jordanien an a Syrien schafft, weider ze ënnerstëtzen, hunn ech en Accord fir 2025-2027 ënnerschriwwen deen eng Kontributioun vun 10 Milliounen am Joer garantéiert.

De Krich vun der israelescher Arméi géint d'Hamas, an elo och géint d'Hezbollah am Libanon, muss op en Enn kommen. E schafft esou vill Leed um Terrain, en zerstéiert esou vill Existenzen,

dass just den Haass wierklech wiisst, an dass déi nächst Generatioun vu verzweifelte jonke Leit, déi keng aner Perspektiv riskéieren ze gesinn wéi zur Gewalt ze gräifen, rugezillt gëtt. Déi Spiral vun der Gewalt muss op en Enn kommen.

Ech hu virun zwou Wochen zu Jerusalem eng Damm begéint, déi aus engem vun de Kibbuzen ass, déi de 7. Oktober vum Hamas attackéiert goufen, d'Rita Livshitz. Hire Schwéierpapp ass nach ëmmer als Geisel a Gaza. Den Hamas huet jo de 7. Oktober grad déi Pazifisten attackéiert, genee déi Leit, déi sech während Jorzéngte fir de Fridden agesat hunn. Trotz deem uergen Trauma vum 7. Oktober, huet déi Madamm mir en einfache Message mat op de Wee ginn : "Palästina brauch e Staat, Israel brauch Sécherheet, an dofir brauchen Israel a Palästina Fridden." Si gleeft weiderhin drun, dass just Fridden am Kader vun der Zweek-Staate-Léisung ka fir dauerhaft Rou an hirer Region suergen, an si huet sech net gescheit, och déi Ausso viru lafender Kamera ze soen. Op ville Plazen an Israel gesinn d'Mënschen dat net esou. De kollektiven Trauma vum 7. Oktober sëtzt verständlecherweis déif. Vill Politiker, op der rietser an extrem-rietser Säit, maache keen Hehl draus, dass si kee palästinensesche Staat wëllen. Den neien Ausseminister Gideon Sa'ar huet sech och schon an deem Sënn ausgeschwat. Déi aktiv Siidlungspolitik, bei där ëmmer méi israelesch Dierfer a Stied gebaut ginn op deem Territoire, deen den Oslo-Accorden no de Palästinenser zougeschwat gi war fir hiren eegene Staat, mécht d'Zweek-Staate-Léisung ëmmer méi fragil. Ech hu mengen israeleschen Interlocuteurs och d'Fro gestallt, ob si am léifsten e Palästina ouni Palästinenser hätten – si hunn dat wäit vun sech gewisen, mä wann een d'Situatioun um Terrain kuckt gëtt een deen Androck net lass.

Dat ass de Grond firwat et wichteg ass, bei all Geleeënheet ons Ënnerstëtzung fir d'Zweek-Staate-Léisung auszedrécken. Dat ass och de Grond firwat ech wëll dass Lëtzebuerg dee palästinensesche Staat unerkent, matt engem Grupp vun anere Länner zesummen, soubal e Waffestëllstand erreecht ass, soubal déi israelesch Geiselen endlech fräi komm sinn, an de Processus ufänke kann fir op déi Zweek-Staate-Léisung hinzeschaffen. An der aktueller Situatioun, déi nach méi komplizéiert ginn ass duerch déi zweet Front tëschent Israel an der Hezbollah, géif déi Unerkennung um Terrain näischt Richteges bewierken. Ech stinn am Kontakt matt ongeféier enger Dosen vu mengen Homologen aus Länner, déi Palästina och nach net unerkannt hunn, mä déi, wéi mir, bei der UNO en faveur vun enger voller Membershaft vu Palästina gestëmmt hunn. Eng Adhesioun un d'UNO géif d'Fro vun der Unerkennung natierlech automatesch reegelen – Lëtzebuerg erkennt all d'Membere vun der UNO un.

Dir wësst - well et an der Zeitung stoung - dass ech d'Iddi hat, d'Unerkennung vu Palästina ze koppelen un e staarke Geste fir d'israelescht Vollék. Eng Unerkennung vu Palästina ass keng Of-Erkennung vun Israel, au Contraire. Ons Relatioun mam israelesche Vollék ass staark a belaauschtbar, si ass historesch gewuess, an ech gesi vill Potential an onse bilaterale Relatiounen

wann de Fridden ons et endlech erlaabt, ons Relatiounen auszebauen. Dofir denken ech drun, als leschten EU Memberstaat, och eng Ambassade zu Tel Aviv opzemaachen. Et ass mer awer bewosst, dass dat fir de Moment kéint ausgeluecht ginn wéi wann et eng Belounung wier fir dem Premier Netanjahu seng Politik a säi Krich. Ech wëll net ausgesinn wéi wann ech de Premier Minister Netanjahu, a virun allem seng rietsextrem Regierungsmemberen, géif belounen. Sou eng Ambassade géif ons och erlaben, e Bureau zu Ramallah opzemaachen, fir méi efficace bilateral um Terrain ze hëllefen. Mä fir de Moment muss dës "Solution à la luxembourgeoise" leider waarden, bis d'Situatioun erlaabt, se sereinement ëmzesetzen.

An der EU hu mir oft Misère, fir gemeinsam Positiounen ze definéieren, wann et em den Noen Oste geet. Ons gëtt dofir oft kollektiv virgeworf, "deux poids deux mesures" ze maachen, an net déi selwecht Standarden ze applizéieren, je nodeem em wéi e Konflikt et geet. Iwwert dat lescht Joer huet d'EU et awer duerchaus fäerdeg bruecht, gemeinsam Positiounen ze auszeschaffen, an dorënner ass déi wichtegst, ganz kloer, dass mir direkt e Waffestëllstand brauchen, fir dass d'mënschlecht Leed en Enn kritt. Grad esou ass d'Positioun vun der EU kloer an däitlech, wann et em de Libanon geet, wou jo eng UN-Missioun, d'FINUL, stationéiert ass an där 16 Memberstaate vun der EU Truppen hunn. Mir brauche grad sou dringend wéi fir Gaza e Waffestëllstand am Libanon. Och do gëtt d'humanitär Situatioun ëmmer méi uerg, an honnerttausende Mënsche si vun doheem verdräwwen. D'EU huet sech och op eng Rëtsch Sanktiounen konnten eenegen, géint den Hamas natierlech, mä och géint radikal israeelesch Siidler, déi gewalttäteg géint d'palästinensesch Bevëlkerung sinn. Am Westjordanland ass den Impakt vun der Okkupatioun, déi scho Joerzëngten undauert, iwwerall ze spieren, eng permanent Kujenad, stänneg Sécherheetskontrollen a Sécherheetsoperatiounen, bei deenen och dëst Joer nees Honnerte vu Palästinenser ëmkomm sinn. Ech war bei menger Visite op Besuch bei Baueren, déi an hirer Olive-Recolte an engem Stéck menacéiert ginn vu Siidler, an déi riskéieren hiert ganzt Akommes ze verléieren, wann si net a Rou kënnen an hiren Olive-Bierger schaffen.

D'Situatioun am Westjordanland ass op der Kipp, an dat läit och drun, dass d'Palästinensesch Autoritéit, déi do fir Sécherheet an Uerdnung suergt, an déi d'Westjordanland administréiert, just e Brochdeel vun hirem rechtmëssige Budget zur Verfügung huet : Israel hält e groussen Deel vun de Steier-Suen zréck, déi der Palästinensescher Autoritéit gehéieren. An d'EU, déi si finanziell ënnerstëtzt, soll och déi Suen debourséieren, a mir wäerten ons och dofir alleguerten asetzen. Et kann net sinn, dass d'EU mat dru Schold wier, wann d'Palästinensesch Autoritéit géif zesummebriechen well se keng Sue méi hätt.

En anere Sujet am Noen Osten, op deem mir ons als EU duerchaus eens sinn, ass den Iran. Mir haten eng kuerz Zäit gehofft, wéi deen neie Präsidant gewielt ginn ass, e géif eng méi konstruktiv Politik ëmsetzen, mä mir gesinn, leider, dass den Iran weiderhin de russesche Krichseffort an der

Ukraine ënnerstëtzt. Dem Iran seng Ënnerstëtzung fir den Hezbollah schéngt fir de Moment um Terrain kee groussen Ënnerscheid méi ze maachen, an et muss ee gesinn, wéi wäit dem Iran seng Influenz an der Regioun nach reecht. Och hei verspäre mir ons awer net dem Dialog, wann den Iran deen Dialog da sollt sichen.

Den neie Regime am Iran ass grad sou radikal wéi dee virdrun, wann et ëm Mënscherechter geet, a besonnesch ëm Fraerechter. Zweek Joer no deene grouse Manifestatiounen fir "Fraen – Liewen – Fräiheet" leiden d'Mënschen am Iran weiderhin ënnert engem brutalen an autoritären Regime. D'iranesch Fraen a Meedercher gi weiderhin systematesch harceléiert, wann se kee Kappduch undoen. Mir dierfen d'Leit am Iran net vergiessen, och wann si net méi all Dag an eisen Noriichte sinn. Et ginn ëmmer méi Prisonéier higeriicht, rezent nach en Däitsch-Iraner, deen zu enger Exil-Oppositionsgrupp gehéiert hat. Amnesty International rapportéiert, dass et 2023 déi héchsten Zuel Exekutiounen am Iran an de leschten 8 Joer gouf. Vill vun deene Leit déi higeriicht ginn, waren am Kader vun de Manifestatiounen 2022 festgeholl ginn.

[Afrika]

Ech hunn et virdrun gesot : mir setzen ons iwwehall op der Welt an fir Demokratie a Rechtsstaatlechkeet, fir d'Mënscherechter, fir d'internationaalt Recht an d'internationaalt humanitært Recht. Mir maachen dat och am Kader vun der Europäescher Unioun, andeems mir aktiv matschaffen, wann d'EU Aussen- a Sécherheetspolitik definéiert gëtt. Fir den Noen Osten si mir ons net honnertprozenteg eens, mä et gëtt vill aner Krisen uechter d'Welt, fir déi d'EU eng kloer Positioun huet, an domat och en Impakt um Terrain kann hunn fir zu Léisunge bäizedroen. Ech freeë mech an deem Kontext op d'Zesummenaarbecht mam Kaja Kallas als neier Haute Représentante fir d'Aussen- a Sécherheetspolitik vun der EU a si sécher, dass si d'EU Aussepolitik nach e Stéck méi kohärent a méi dynamesch ka maachen, wann all d'Memberstaate matschaffen.

Eng gemeinsam Politik huet d'EU zum Beispill an Afrika, wat de schreckleche Krich am Sudan ugeet, deen déi gréissten Displacéements-Kris ausgeléist huet déi et momentan op der Welt gëtt, oder och, wat d'Situatioun am Oste vum Kongo ugeet. Ech war am Juni dëst Joer zu Kigali, wou Lëtzebuerg lo just, am September, eng Ambassade opgemaach huet. Déi Ambassade ass wichteg, fir ons Kooperatiounsaarbecht an der Regioun, mä och fir onse politeschen Engagement fir de Konflikt am Oste vum Kongo bäizeleeën, an deem Dausenden Zivilisten ëmmer nees tëschent d'Fronte geroden vun deene verschiddenen arméierte Gruppen, déi sech do fir Land, Afloss a Ressource bekämpfen, ënnerstëtzt vum Congo respektiv vum Rwanda.

D'EU ënnerstëtzt och matt ville Moyens d'Aarbecht an d'Initiative vun der Afrikanescher Unioun an déi vun den afrikanesche Regionalorganisatiounen, grad am Beräich vu Friden a Sécherheet,

Mediatioun an och wirtschaftlecher Integratioun wou dës Organisatiounen primär fir den afrikanesche Kontinent verantwortlech sin.

Traditionell ass onst Land jo am stäerksten a Westafrika, a virun allem am Sahel, engagéiert. Do ass d'Situatioun, no der Serie vu Coups d'Etat an de leschte Joren, besonnesch komplizéiert. Ech wäert méi am Détail op dës Situatioun zeréckkommen a menger Deklaratioun iwwert d'Entwécklungshëllef am Februar, esouwuel wat onsen Engagement am zentrale Sahel ugeet, wéi neierdénge och a senger Peripherie. Mir schaffen och u Pisten, fir anerwärts an Afrika nei Partneriater opzebauen.

Den afrikanesche Kontinent, onse südlechen Noper : onsen, an der EU an hire Memberstaaten hiren Engagement do, an all sengen Dimensiounen, ass en interessanten a vaste Sujet deem ech haut hei aus Zäitgrënn net ka gerecht ginn. Ech kommen awer zum Schluss nach eng Kéier zrëck op d'Opportunitéiten, déi sech an Afrika bidden, och fir onse Commerce extérieur.

[Asien]

Dir Dammen an Dir Hären,

De Krich an der Ukraine huet ons gewisen, wéi wichteg et ass, fest Partneriater ronderëm d'Welt ze pfliegen, déi belaaschtbar sinn an déi op onse gemeinsame Wäerter opbauen. Mir hu vill "Outreach" gemaach, zanter dem Ufank vun der russescher Aggressioun, fir der Ukraine hir Situatioun ze erklären, fir op den Ënnerscheid tëschent Aggressor an Aggresséiertem ze pochen, a fir ze rappeléieren, dass Onofhängegkeet, Souverainetéit an territorial Integritéit intouchabel musse bleiwen. Vill vun onse Partner, an Afrika, mä och zum Beispill a Südostasien, déi wäit ewech si vun der Ukraine, hu sech schwéier dermat gedoen, eng kloer Positioun a sou engem, fir si, "europäesche" Krich anzehuelen. Dat huet ons gewisen, dass et wichteg ass, dass mir méi en enke Kontakt halen, fir hir Perspektiv besser ze verstoen. Doriwwer eraus gëtt et enorm vill Potential fir déi bilateral a multilateral Kooperatioun ze verstärken fir gemeinsam Erausforderungen wéi Klimawandel oder d'Resilienz vu Liwwerketten unzegoen.

Fir d'Relatiounen matt der ASEAN, der Associatioun vun den 10 Süd-Ost-Asiatesche Länner ze verstärken, war ech am Oktober op Vientiane op de Sommet vun der ASEAN invitéiert an hunn do fir de Grand-Duché d'Bäitrittinstrument fir den "Treaty of Amity and Cooperation in Southeast Asia" ënnerschriwwen. Lëtzebuerg war dat eenzeg europäescht Land, dat op den ASEAN Sommet invitéiert war, an dat 6. EU Land dat den Traité ënnerschriwwen huet, an et war dofir eng besonnesch Éier, zu Vientiane ze sinn. Dat Bäitrittinstrument brénge mir lo an dës Chamber, fir et ze ratifizéieren. Et gëtt ons eng gutt Basis, fir méi enk matt där Regioun zesummen

ze schaffen, matt där hiren eenzelne Länner mir historesch frëndschaflech Relatiounen hunn, zum Beispill mam Vietnam, oder mam Laos oder och matt Thailand, déi ech allen zwee och bilateral besicht hunn. Et si Länner déi och fir onsen internationalen Handel kënnen interessant sinn, well se wirtschaftlech séier wuessen. An Zäite vu geopolitesche Spannungen ass awer och e verstärkte politeschen Dialog matt deene Länner wichteg.

Deen Dialog ënnerhale mir och matt regionale Muechten wéi Indien, dat e ganz wichtege Partner fir d'Stabilitéit an de Wuelstand a Süd-Asien ass. Dëst Joer am Abrëll hate mir nees eng Commission mixte, ënnert der UEBL, also zesumme mat onse belsche Frënn, fir d'Relatiounen matt Indien an hirer ganzer Breet ze diskutéieren. Mir hunn zanter iwwer 20 Joer eng Ambassade zu Delhi. Indien huet eng grouss Communautéit hei zu Lëtzebuerg, déi eng wichteg Plaz an onser Gesellschaft huet. D'nächst Joer am Mäerz plangen ech, um "Raisina Dialog" deelzehuelen, deen all Joer zu Delhi Dausende Leit zesummebréngt fir iwwert déi grouss geopolitesch a geokonomesch Erausforderungen ze schwätzen. Dat gëtt mer hoffentlech och d'Geleeënheet, déi indesch Kollege bilateral ze begéinen, fir iwwert d'Zukunftsperspektiven vun onse Relatiounen ze schwätzen.

Aner grouss Partnerlänner an Asien si Japan a Korea. Zwee sougenannten "like-minded" Länner an enger Weltregioun, déi ëmmer méi Gewiicht kritt. Japan ass onsen eelste Frënd an Asien, wann ech dat sou ka soen. Ons verbënnt eng déif Frëndschaft zanter lo scho bal engem Jorhonnert. 2027 feiere mir offiziell onst Jorhonnert vu bilaterale Bezéiungen, an do plange mir lo schonn u groussen Evenementer. Fir déi nächst 12 Méint freeën ech mech op direkt e puer Reesen a Japan, am Kader vun der Weltausstellung zu Osaka, déi am Abrëll opgeet. Ech hat déi grouss Freed, den éischte Spuetestéch fir onse Pavillon schonn am Januar dëst Joer ze maachen. D'Expo zu Osaka wäert eng exzellent Geleeënheet sinn, fir engem japanesche Publikum, mä och de Visiteuren aus der ganzer Regioun, onst Land, seng Kultur, seng wirtschaftlech Stärken, seng Oppenheet a seng Multikulturalitéit méi no ze bréngen.

Ech ginn och an den nächsten Deeg op Dikrech an d'Hotelschoul. Do wäert ech och de Menu entdecken vun de Lëtzebuerger Spezialitéiten, déi zu Osaka zerwéiert wäerte ginn. Ech ginn och an de nächsten Deeg op Esch, wou eng Keelebunn preparéiert gëtt fir zu Osaka ze hunn, fir do och ee "côté ludique" ze hunn. Da kënne mer de Leit och do, wou mer Weltmeeschter sinn, eng Lektïoun ginn, deem een oder deem aneren.

Am Juli hat ech déi grouss Chance, ons éischt resident Ambassade zu Seoul anzeweien. Et war héich Zäit ginn, eng resident Ambassade a Korea ze hunn. Matt Korea verbënnt ons jo och eng laang gemeinsam Geschicht, déi op den Engagement vun 85 Lëtzebuerger Jongen am Korea-Krich zrëckgeet, vun deenen der zwee net méi rëmkommen sinn. Ech freeë mech, dass Korea am

Géigenzuch decidéiert huet, och eng resident Ambassade zu Lëtzebuerg opzemaachen. Den Ambassadeur sëtzt bestëmmt op der Tribün a lauschtert haut no : Här Ambassadeur, et wäert iech net Leed doen, dass dir op Lëtzebuerg komm sidd, ech gesinn e ganz grousst Potential fir ons Echangen, och wirtschaftlech, weider ze verdéiwen.

Wann dir eng Kéier d'Méiglechkeet hutt, a Korea ze goen, an dir gesidd de Lien, deen si nach hunn mat Lëtzebuerg wéinst de Koreakämpfer, wou déi meescht vun deene Jonken mol net wossten, wou se genau géifen hifueren, mee fir Fräiheet a fir Wärter gekämpft hunn.

[NATO]

Japan a Korea sinn och zwee strategesch Partner vun der NATO, grad wéi Australien an Neuseeland. Déi véier Staats- a Regierungschefen waren och dëst Joer nees op den NATO-Sommet zu Washington invitéiert, bei deem mir de 75. Anniversaire vun der NATO markéiert hunn. Loosst mech op dëser Plaz kuerz e Wuert iwwert d'NATO soen, déi e kruziale Piliere vun onser Sécherheet ass a bleift, net zulescht wéinst der nuklearer Ofschreckung, déi den Territoire vun den Alliierten virun Iwwerfäll duerch Staate wéi Russland konstant schützt. Um Sommet zu Washington ware mer déi éischte Kéier zu 32 Alliierten, lo wou och Schweden, no Finnland, Member vun der Allianz ginn ass. De Bäitritt vun deenen zwee laangjäreg Partner vun der NATO ass e weidert wichtegt Element vun enger kohärenter euro-atlantescher Sécherheitsarchitektur, déi ons Positioun vis-à-vis vun autokrateschen an aggressive Regimer stäerkt. Ech begréissen och d'Nominatioun vum Mark Rutte als Generalsekretär vun der NATO : mam Mark ass d'NATO a gudden Hänn a gutt gerüst fir d'Zukunft.

[China]

Mä loosse mer nach e bëssen an Asie bleiwen. Ech hunn nach net vu China geschwat. Enn November ginn ech zesumme mam Minister Delles op eng Wirtschaftsmissioun an Aarbechtsvisitte op Peking, Shanghai an Hongkong. Ons eege Relatioun, an déi vun der EU, matt der Volléksrepublik China, mat hiren 1,4 Milliarden Awunner, situéiert sech jo och am geopolitesche Spannungsfeld tëschent Washington a Beijing, a spillt sech of am Kontext vum russesche Krich an der Ukrain. Ech bleiwen iwwerzeegt, an ech hunn dat schonn am Kontext vum NATO Sommet zu Washington gesot, dass et keng gutt Iddi ass, China a Russland am Ukrain-Kontext an een Dëppen ze geheien, fir et e bësse salopp auszedrécken. China a Russland hunn eng komplex Relatioun, et gëtt Soutien aus verschiddene Beräicher a China fir de russesche Krich an der Ukrain, mä China gehéiert och zu deene rare Länner, déi kënnen derzou bäidroen, en dauerhaften a gerechte Friden an der Ukrain erbäizeféieren. Mir sollte China net an d'Äerm vun de Russen drécken, a mir sollten den Dialog matt China, op allen Themen, ganz seriö huelen.

China ass a bleift e wichtege Partner a ville Beräicher. D'Visite vum Vize-Premier Minister Ding am Juni huet ons dat nees eng Kéier bewisen. China ass déi zweetgréisste Wirtschaft op der Welt, an also an allen internationale Wirtschaftsfroen en Interlocuteur, deen en net kann ignoréieren. Ech sinn iwweezeegt, dass den Donald Trump déi Realitéit och net kann, an net wëll, ignoréieren.

Et gëtt och Themen, bei deene mir matt China net enger Meenung sinn, an och déi sollte mer uschwätzen. Ech denken do natierlech un d'Situatioun vun de Mënscherechter a China, déi mir och matt onse chineseschen Interlocuteurs opwerfen. Mir maachen dat, souwäit et geet, fir präzis Fäll ze thematiséieren, souwuel an onse bilaterale Kontakter, wéi och um multilateralen Niveau, rezent zum Beispill, am September, als Benelux am Mënscherechtsrot zu Genève. Et gëllt fir China wéi fir vill aner Länner : ech sinn net iwweezeegt vun enger pauschaler Megaphon-Diplomatie, déi engem zwar dat gutt Gefill gëtt, et hätt een eppes gesot, mä déi fir déi Leit, fir déi se sech asetzt, net onbedéngt vill beweegt, an heiansdo souguer Schued mécht. Och hei setzen ech op den Dialog an op den direkten Engagement.

A sou wéi ech virdru gesot hunn, dass ee China net soll an d'russesch Äerm geheien, soll een och oppassen an deem wat ee seet. : Wann een an engem Saz seet, dass den Iran, Nordkorea, Syrien a China dat nämlecht ass, dann ass dat net richtig. Dann ass dat net richtig.

[UNO a Multilateralismus]

Déi direkt Kontakter, déi perséinlech Interaktiounen, déi sichen ech bei menge bilaterale Visitten oder wann ech Leit zu Lëtzebuerg empfänken, mä och wann ech multilateral ënnerwee sinn. D'UNO Vollversammlung Enn September ass natierlech dee Moment vum Joer, wou een d'ganz Welt kann op enger Plaz begéinen. Ech war dëst Joer eng ganz Woch zu New York, an hat e volle Programm, tëscht den offizielle Réuniounen vun der Assemblée générale selwer, an där ech och d'Lëtzebuerger Ried gehalen hunn, de sougenannten thematesche "Side-Events", an de bilaterale Entrevuen matt engen zwou Dosen vu mengen Homologen aus Drëttlänner. Do derbäi kommen dann déi méi informell Kontakter an Initiativen fir Leit zesammen ze bréngen – diskret, well soss kéimen d'Leit net. Ech konnt a ville vun deene Gespréicher sou däreg Dossieren wéi d'Relatioun tëscht Zypern an der Tierkei, de Konflikt tëscht dem Rwanda an dem Congo, de Konflikt tëscht dem Aserbaidshan an Armenien, oder d'Relatioun tëscht Serbien an dem Kosovo uschwätzen, a mäi Stéckelche bäidroen fir no Léisungen ze sichen.

D'Vollversammlung war och de Moment wou d'EU sech op Minister-Niveau getraff huet matt der CELAC, also all de Länner aus Latäinamerika an der Karibik, e Kontinent deen ech nach net bereest hunn als Ausseminister. Ech konnt mech do kuerz echangéieren matt enger Partie latäinamerikanesche Kolleegen, an ech freeë mech op méi enk Kontakter an der Zukunft. Zum

Beispill matt Brasilien, wou Lëtzebuerg jo eng relativ grouss Diaspora vun iwwer 28.000 "neie" Lëtzebuurger huet, déi op Basis vum Nationalitéitsgesetz déi Lëtzebuurger Nationalitéit kritt hunn. D'nächst Joer komme méi Geleeënheeten fir Echangingen matt Latäinamerika : eng Ministérielle EU-CELAC zu Bréissel am Fréijoer, an duerno e Sommer.

D'Woch zu New York hat mam "Summit for the Future" ugefaangen, deen de Generalsekretär Guterres aberuff hat, deen en Zukunfts-Pakt an e Globalen Digitale Pakt ugeholl huet. Den Ierfgroossherzog an de Premier Minister waren och op New York komm fir dee wichtige Sommer. An der aktueller geopolitescher Situatioun, matt Kricher an der Ukrain an am Noen Osten, déi an den internationale Gremien kontrovers diskutéiert ginn an déi vill international Strukture blockéieren, ass et éierlech gesot e klengt Wonner, dass den Zukunfts-Pakt konnt per Konsens vun der Assemblée générale adoptéiert ginn. En deckt e breede Spektrum vun Themen of, dorënner Friden a Sécherheet, nohalteg Entwécklung, de Klimawandel, déi digital Zesummenaarbecht, Mënscherechter, Gläichstellung, d'Situatioun vun der Jugend a vun den nächste Generatiounen. De Pakt ass net perfekt, mä wéi ech sot, et ass scho bal e Wonner, dass en Accord fonnt gouf. Lo geet et drëm, en ëmzesetzen, an och do wäert Lëtzebuerg sech aktiv un den Aarbechten zu New York bedeelegen.

Lëtzebuerg schléisst Enn 2024 no dräi Joer säin éischt Mandat als Member vum Mënscherechtsrot vun der UNO of. Ons Ekipp huet vill geschafft a bewisen, dass och méi e klengt Land kann eng konstruktiv a wäertvoll Kontributioun maachen. Mir waren als fiabelen a previsibele Partner ugetrueden, an dat huet ons erlaabt, an engem Esprit vun Dialog och matt Länner ze schaffen, déi a priori net genee op der selwechter Schinn ënnerwee sinn wéi mir, wann et em d'Universalitéit vun de Mënscherechter geet. Ons Delegatioun huet zum Beispill dräi Joer noenee mat Succès d'Resolutioun iwwer d'Situatioun vun de Mënscherechter an der Russescher Federatioun presentéiert, déi éischt Länner-spezifesch Resolutioun déi et bis lo am Mënscherechtsrot gouf iwwert e Land, wat och e Permanente Member vum Weltsécherheitsrot ass. De Mënscherechtsrot schafft awer net just op Länner-Situatiounen, mä och op villen horizontale Sujeten. Mir hunn d'Fieder geféiert bei der Resolutioun iwwert den Agenda 2030 (also nohalteg Entwécklung) an d'Mënscherechter, a bei enger Resolutioun de leschte Juni iwwer d'Wichtigkeet dass d'Education gratis soll sinn, och am Pré-primaire an am Secondaire. Mir hunn ons agesat fir d'Rechtsstaatlechkeet a fir d'Zivilgesellschaft; fir déi ekonomesch, sozial a kulturell Rechter, fir d'Recht op Entwécklung an d'Recht op eng gesond an nohalteg Ëmwelt; fir d'Rechter vu Kanner, vu Fraen a vun LGBTQI+ Persounen.

Onsen Engagement fir de Multilateralismus ass konstant, an ech wäert am Laf vun dëser Ried nach e puermol drop zrëckkommen. Nach ee Beispill vun engem multilateralen Engagement, dat ons dëst Joer wichtig war, ass d'Présidence vum Conseil vun International IDEA vu Stockholm,

déi sech fir Demokratie uechter d'Welt asetzen, a besonnesch fir demokratesch Walen. Dës Chamber ass amgaangen, de Statut vun International IDEA ze ratifizéieren, e Statut deen ee kann en cours de route ratifizéieren, an dofir hu mir dee Prozess lancéiert, wéi mir d'Présidence iwweholl hunn, als Signal, wéi wichteg d'Organisatioun ons ass – ech soen iech am Viraus Merci fir déi Aarbecht, déi an dësem Haus an deen Dossier gestach gëtt.

Dir Dammen an Dir Hären,

Ons wichtegst multilateral Engagementer sinn natierlech awer bei der Europäescher Unioun :

[Kommissioun von der Leyen II]

De 6.-9. Juni dëses Joers waren Europawalen. Dës Wale sinn een essenzielle Bestanddeel vun onser gelieferter Demokratie, wéi mir se hei an Europa hunn. Hir Wichtigkeet geet awer iwweh d'Europaparlament eraus – well si betreffen indirekt och déi Europäesch Kommissioun an d'Aarbechten am Rot.

Wat bedeit dat? Net nëmmen d'Zesummesetzung vum Europaparlament gëtt vun onse Bierger nei bestëmmt, mee d'Europawale lancéieren och den Iwwergang an deen neie legislativen Zyklus vun der Europäescher Unioun, wou een neit Parlament, eng nei Kommissioun an een neie Präsident vum Europäesche Rot, zesummeschaffen mam Conseil fir eng staark Europäesch Unioun no vir ze bréngen. Firwat ech do drop insistéieren ass well jo ganz oft gesot gëtt, dass alles zu Bréissel decidéiert gëtt. Ech wëll just drun erënneren, dass "Bréissel" mir sinn. De Commissaire gëtt vun der Regierung proposéiert. D'Europadeputéiert gi vun de Lëtzebuerger Wieler designéiert. D'Membere vum Conseil zu Bréissel si Regierungsvertrieder, déi eng Majoritéit an enger Chamber hunn. Dofir, mir sollen ophalen ze maachen wéi wa "Bréissel" lauter Marsmännercher wäeren, déi näischt mat de Länner ze dinn hätten.

An deem Kader hunn och d'*Top jobs* mussen nei besat ginn. D'Bestätegung vun der Madamm Metsola an hirem Amt als Präsidentin vum Europaparlament huet hei gewisen, datt déi Europäesch Deputéierten gewëllt sinn, fir onsem gemeinsamen Interessi u Kontinuitéit an der Unioun Rechnung ze droen. Ech freeë mech och op d'Zesummenaarbecht mam Antonio Costa, engem Frënd vu Lëtzebuerg, als Präsident vum Europäesche Rot a soen op dëser Plaz dem Charles Michel Merci fir déi exzellente Aarbecht déi hien op deem Poste gelescht huet. Mir kennen hie jo och als fréiere belsche Premier Minister. Grad sou freeën ech mech op d'Zesummenaarbecht mam Kaja Kallas, déi fréier estnesch Premier Ministesch, déi de Josep Borrell als Haute Représentante fir d'Aussepolitik ofléist, deem mer och Merci soen.

Awer och déi Europäesch Kommissioun gëtt, ugefaange mat hirer neier Präsidentin, am Uschloss un d'Europawalen nei besat. Hei huet sech gewisen, datt och deen Europäesche Rot an dësen onsécheren Zäite bereet ass fir institutionell Stabilitéit anzestoen, an nodeems d'Madamm von der Leyen vun de Staats- a Regierungsscheffen nominéiert ginn ass, ass Sie och vum Parlament bestätegt ginn.

Ee wichtege Bausteen vun där neier Kommissioun ass awer och nach de Collège vun de Kommissären, déi vun hire jeeweilige Memberstaate virgeschloe gi sinn, wou d'Auditiounen am Europaparlament viru genau enger Woch op en Enn gaange sinn, an iwwert deen d'Europaparlament soll d'nächst Woch ofstëmmen.

D'Zesummenaarbecht vun de Kommissären ënnereneen, awer och mam Conseil a mam Europäesche Parlament, wäert vu gréisster Wichtigkeet sinn fir d'Entwécklung vun der Europäescher Unioun an onsem gemeinsame Bannemaart. De Kader, an deem mir all gemeinsam liewen, gëtt vun dësem gudden Zesummespill, an där konstruktiver Zesummenaarbecht vun allen Acteuren, am legislative Prozess gedroen.

Hei ass déi inhaltlech Ausriichtung vun der neier Kommissioun – dem Organ, dat dat legislativt Initiativrecht huet – zentral. Ech begrëssen an deem Kontext, datt mir hei ee kloren Fokus op der Stärkung vum Europäesche Bannemaart an der Kompetitivitéit vun der Europäescher Unioun erkennen. D'Veinfachung vun de Prozeduren, déi vollstänneg a korrekt Ëmsetzung vum gemeinsamen Acquis, weider Efforte fir aus där grénger an digitaler Transitioun eng europäesch Erfollëgs-Story ze maachen, sinn wichteg Prioritéiten.

Aus nationaler Perspektiv wëll ech awer op kee Fall dës Geleeënheet verpasse fir den Här Hansen ze begléckwünschen, deen als neie lëtzebuergesche Kommissär-désigné fir Landwirtschaft a Liewensmëttel, een iwweraus wichtege Portfolio ofdecke wäert.

[40. Anniversaire vum Accord vu Schengen 2025]

Dat nächst Joer feiere mir ee Gebuertsdag, deen net nëmmen, awer grad fir Lëtzebuerg vu grousser Bedeitung ass: d'Schengener Ofkommes kritt 2025 seng 40 Joer. Wéi ech dat schonn d'lescht Woch hei gesot hunn : Deemools huet keen drou gegleeft, dass dat Ofkommes e Succès kéint ginn. 5 Staatssekretären, mee kee Minister hat sech deplacéiert. An ech muss lech soen, dass dat Ofkommes awer ee ganz groussen Succès ginn ass. 40 Joer ass et dann also hir, datt d'Benelux-Staaten, Däitschland a Frankräich zu Schengen de Beschloss formaliséiert hunn, graduell dofir ze suergen, dass d'Grenzkontrollen tëscht hire nationalen Territoiren ofgebaut solle

ginn. 40 Joer ass et och hir, dass de Grondsteen fir de Schengen-Raum geluecht gouf. Schengen gehéiert haut zu enger vun de wichtegsten Errungenschaften am Alldag vu ganz ville Bierger, speziell deenen, déi an enger Grenzregioun wunnen, ginn ass.

Mir müssen leider feststellen datt op onse Grenze mat Däitschland a mat Frankräich Kontrollen duerchgefouert ginn, déi een direkten negativen Impakt op d'Liewe vun onse Bierger an onse ville Frontalieren hunn. Duerfir muss dës Occasioun ons virun allem eng Motivatioun sinn, fir un déi onbedéngt Wichtigkeet vun oppene Grenzen ze erënneren. Grad als Lëtzebuerg sti mir hei besonnesch an der Verantwortung, fir ëmmer nees ze betounen, datt d'Schengener Ofkommen wäit iwwer Lëtzebuerg eraus, eent vun de wichtegsten, europäeschen Symboler ass, dat am Alldag gelieft gëtt. Schengen steet fir vill Bierger fir Europäesch Eenheet a Fräiheet. De Pendant vu Schengen ass, dass mir ons Bausegengen ofsécheren a kontrolléieren.

[EU Erweiterung]

D'EU Erweiterung war nees eemol een vun den Haaptthemen vum Joer 2024 a mir hunn 20 Joer "Erweiterung" gefeiert, well 2004 sinn tatsächlech 10 haiteg EU Memberstaaten der EU bäigetritt, zentral- an osteuropäesch, esou wéi och Mëttelmier Länner. Hieren Bäitritt kann haut als Erfüllgeschicht ugesinn ginn – hier Ekonomien hu vum EU Bannemaart konnten profitéieren, wat zu gréisserem Wuelstand an de jeeweilige Länner gefouert, a wat och zur politescher Stabilitéit bäigedroen huet. Déi estnesch, rumänesch oder zyprotesch Jugend vun haut sinn als EU Bierger op d'Welt komm.

Dëse Jubiläum kënnt zu engem wichtige Zäitpunkt well d'EU am Gaangen ass mat am ganzen 9 Kandidat Staaten ze verhandelen : Albanien, Bosnien-Herzegowina, Montenegro, Nordmazedonien, Serbien, Georgien, Moldawien an d'Ukrain; just d'Verhandlungen mat der Tierkei bleiwen op Äis geluecht. De Kosovo huet eng Demande agereecht fir Kandidat ze ginn, mä huet dee Statut awer nach net kritt. Tatsächlech si mir säit dem Ufank vum Krich an der Ukrain vun 6 op 9 Kandidatelänner iwwergaangen.

Eng EU Erweiterung läit, spéitstens säit dem Ukrain Krich, am geostrategeschen Interessi vun der EU. Europa muss vereenegt den Defien vun onserer Zäit entgéint trieden. Eng EU Erweiterung ass och vital fir d'EU Wäerter international ze stäerken. De Bäitritt vun den Kandidat Staaten zu der EU ass den séchersten Wee fir Demokratie an Stabilitéit mat den EU Nopeschregiounen ze assuréieren.

Eng EU Erweiterung geschitt awer net einfach sou; déi heifir néideg Konditiounen müssen erfëllt ginn op Basis vun eegene Meritten (déi bekannten Kopenhagener Krittären) an d'Kandidat

Staaten müsse beweisen, dass si sech mat de fundamentalen EU Wärter, wéi Demokratie a Rechtsstaatlechkeet, enger fräier Press, Respekt vun alle Minoritéiten, Schutz vun Mënscherechter, souwéi enger stabiller Maart Wirtschaft alignéieren kënnen. Nëmme sou kënnen mir assureieren, dass mir och déi Länner unhuelen, déi wierklech mat ons kooperéieren a wuesse wëllen.

Gläichzäiteg wäert och d'EU selwer sech un intern Reformen eruntrauen müssen, fir ze suergen dass ons Unioun mat méi Memberstaaten weiderhi gutt an uerdentlech fonctionéieren kann. Dofir müsse mir weiderhi fir e gutt Gläichgewicht tëscht dem EU Erweiterungsprozess an dem Reform Prozess suergen. Als Grënnungsmember vun der EU engagéiert sech Lëtzebuerg dofir, dass d'DNA vun der Europäescher Unioun, ons gemeinsam Prinzippien a Wäerter, erhale bleift.

Wa mir déi individuell Bäitrittscandidaten eng Kéier ënnert d'Lupp huelen, stellt sech eraus, dass et dëst Joer souwuel Fort- ewéi och, leider, Réckschrëtter gouf :

Albanien huet d'Bäitrittsverhandlungen iwwer déi "fundamental" Kapitelen vum EU Erweiterungsprozess dëst Joer kënnen starten; eng wichteg Etapp fir e Bäitrittscandidat. Dës *Conférence intergouvernementale* (CIG) huet iwwerengs den 18. Oktober hei zu Lëtzebuerg an deem Kontext stattfonnt, wou de Premier Minister an den Ausseminister aus Albanien och hei zu Lëtzebuerg derfir waren.

Am Fall vun Bosnien-Herzegowina huet d'Kommissioun zwar am Mäerz 2024 e positiven Avis zu der Erëffnung vun den Bäitrittsverhandlungen ginn, nodeems Bosnien de Kandidat Status krut, et goufen bis dato awer kaum grouss oder wierklech konkret Verbesserungen.

Montenegro huet, à ce stade, déi meeschte Fortschrëtter a Saachen Justiz, souwéi Sécherung vun de Grondrechter erreecht, a bleift den Ament weiderhin de sougenannte "Fronrunner".

Am Fall vun Nordmazedonien sinn d'Bäitrittsverhandlungen aktuell blockéiert an et müssen nach wesentlech EU-bedéngte Reformen duerchgefouert ginn.

Serbien huet nach vill Efforten ze maachen.

D'Tierkei, déi ass säit Dezember 1999 EU Bäitrittscandidat – an domadder den Eelste vun alle Kandidaten. D'Bäitrittsverhandlungen si säit 2018 wéinst Bedenken zur Rechtsstaatlechkeet an demokratesche Réckschrëtter agefruer. De leschte Rapport vun der Kommissioun zu der Tierkei huet keng weider Réckschrëtter wärend dem vergaangene Joer gemierkt. Quasi all d'EU

Memberstaaten, dorënner och Lëtzebuerg, hunn sech generell oppen erkläert fir d'Relatiounen mat der Tierkei „step-by-step“ ze reamorcéieren.

Georgien krut den EU Kandidate Status am Dezember 2023. Ech muss lech awer soen, dass et säit där Adoptioun vu kontroverséierte Gesetzer éischer an déi aner Richtung geet. Et huet een d'Gefill, se géifen sech méi nom Putin-Regime orientéieren, wéi no deene Wäerter, fir déi mer kämpfen. Ech hoffen, dass se dat nach geännert kréien.

Moldawien an d'Ukrain hunn d'EU Beirëttungsverhandlungen am Juni dëst Joer wärend enger CIG hei zu Lëtzebuerg lancéiert – en historieschen Moment fir si, mee och fir onst Land. Moldawien hat den 20. Oktober wichteg Walen zu senger EU Zukunft. D'Bevëlkerung huet sech an deem Fall zu 50,4% fir der Regierung hier EU Baitrëtt Ambitioun mat engem “Jo” ausgeschwat. Ech weess, dat war zimmlech knapp, mee ech hunn lech awer och virdu gesot, dass et Rumeure ginn, dass do verschidde Prozenter villäicht kaaft gi wäeren. De But, dee mer lo hunn ass net ze soen, dass et lo falsch oder net falsch war. De But ass, dass d'Acceptatioun an de Lien mat der EU an deem Land och wiisst. An ech hat d'lescht Woch d'Visite vun der Vize-Premier Ministesch Cristina Gherasimov, déi zu Lëtzebuerg war an och technesch Réunioune matt der Kommissioun hat. Si huet mer och all déi Efforten erkläert, déi Moldawien am Moment mécht, fir sech ëmmer méi no un eis ze rapprochéieren.

Wat d'Ukrain betrëfft, wann dir eng Kéier an dat Land gitt, huet si trotz der russescher Aggressioun eng beandrockend Resilienz an Engagement zum EU Baitrëtt bewisen. D'EU ass dankbar dass d'Ukrain weiderhin fir d'Fräiheet an d'Sécherheet vun eisem gedeeltenen Kontinent kämpft. Am Kontext vun der Integratioun huet d'EU dësen Mäerz eng Facilitéit fir d'Ukrain opgestallt an den éischten Deboursement huet dësen Summer stattfonnt. Eng ähnlech Facilitéit fir Moldawien ass ëlo och an der Maach.

Erlaabt mer op dëser Plaz nach eemol kuerz op d'West Balkan Länner anzegoen. Fir d'West Balkan Länner méi no un d'EU erun ze bréngen, besonnesch op wirtschaftlechem Plang, huet d'EU dee sougenannte Wuesstemsplang fir de West Balkan, deen den Zäitraum vu 2024 bis 2027 ofdeckt, op de Wee bruecht. Dëse Wuesstemsplang erlaabt et, dës Länner, virausgesat se erfëllen déi néideg Konditioune, matt zousätzleche Kreditter a Subsiden ze ënnerstëtzen, fir datt se sech wirtschaftlech besser an den EU Bannemaart kënnen integréieren. Eng besser wirtschaftlech Integratioun bréngt virun allem de Bierger an dëse Länner nei a besser Aarbechtsplazen, méi Wuelstand an domadder eng besser Zukunftsperspektiv.

[Rechtsstaatlechkeet]

Als Grënnungsmitglied vun der EU steet fir Lëtzebuerg d'Veerteidigung vun der Rechtsstaatlechkeet un alleréischter Stell. D'Memberstaaten hunn d'Flicht, d'Prinzippe vun der Rechtsstaatlechkeet, an domadder d'Veertraue vun den EU-Bierger an d'EU an an d'EU Institutiounen, oprecht ze erhalen. D'Rechtsstaatlechkeet ass keng Selbstverständlechkeet an Zäite vu Fridden, mee awer eng Noutwendegkeet an Zäite vu Krisen an Onstabilitéit. Et ass ons kollektiv Verantwortung e staarke Rechtsstaat ze verteidegen an ze fërderen. Dëst ass eng Grondviraussëtzung fir d'Resilienz vun onser Demokratie an e staarke Bannemaart als zentrale Piliere vun der europäescher Kompetitivitéit.

Lëtzebuerg bedeelegt sech ganz aktiv um järeleche Rapport iwwert d'Situatioun vun der Rechtsstaatlechkeet an der Unioun an intervenéiert regelméisseg, eleng oder am Numm vun de Benelux Länner, am Conseil wann et ëm den alljärelechen Dialog iwwert d'Ëmstänn vun der Rechtsstaatlechkeet geet. Den 21. Mee 2024, huet Lëtzebuerg sech fir déi zweete Kéier dëser Prozedur gestallt. Och wann ons Resultater am Allgemenge ganz positiv sinn, mussen mir ons weider dofir asetzen, ons Bierger an hir Fräiheeten ze schützen an ons Institutiounen och weider ze stäerken. Mir begreissen och d'Initiativ vun der Europäescher Kommissioun fir d'Rechtsstaatlechkeet nach méi an de Mëttelpunkt vum EU Bäitrittprozess ze setzen an de järelechen Rapport fir véier Länner opzemaachen déi um Wee si fir der Unioun bäizetrieden (Albanien, Montenegro, Nordmazedonien a Serbien).

Lëtzebuerg ënnerstëtzt déi verschidden Instrumenter vun der Kommissioun déi fir de Respekt vun der Rechtsstaatlechkeet suerge sollen. Dorënner fällt och déi sougenannten Artikel 7 Prozedur, déi dozou féiere kann engem Land am Conseil d'Stëmmrecht ze entzéien. An deem Kontext begreisse mir déi positiv Entwécklungen a Polen déi dozou gefouert hunn, datt si net méi Deel vun dëser Prozedur sinn an encouragéieren si weiderhin un hirem Aktiounsplang festzehalen fir datt d'Rechtsstaatlechkeet an d'Onofhängegkeet vun der Justiz nees vollstänneg hiergestallt kënnen ginn. Anerersäits ginn et weiderhi grouss Bedenke wat d'Situatioun vun der Rechtsstaatlechkeet an Ungarn betrëfft. Mir encouragéieren Ungarn hier Efforte weiderzeféieren a konstruktiv mat der Europäescher Kommissioun zesummen ze schaffen.

[Kompetitivitéit]

E puer Wieder zur Kompetitivitéit: de Bannemaart ass d'Réckgrat vun onser Kompetitivitéit – a muss dat an Zukunft och esou bleiwen. De Bannemaart ass eng vun deene gréissten Errungenschaften vun onser Unioun an ass en integralen Bestanddeel vun onsem deeglechem Liewen: e facilitéiert d'Echangen tëschent den Entreprises, stimuléiert onse Wuesstum, encouragéiert Innovatioun an, an engems erliichtert hien bedeitend d'Liewe vun onse Bierger. Leider gesi mir wéi Europa u Kompetitivitéit verléiert vis-à-vis vun den USA a vu China.

Sproochebarrièren, net genuch Harmoniséierung vu Reegelen an den 27 “mini Mäert”, an Aarbechsmarchéen déi einfach manner dynamesch sinn wéi zum Beispill an den USA, sinn alles strukturell Problemer déi mer nëmme gemeinsam an der EU kënnen ugoen.

Hei sinn och déi aktuell geopolitesch Spannungen e grouse Problem fir onsen Handel: de Krich an der Ukrain, am Noen Osten an och d’Ugrëff vun den Houthien am Roude Mier op den Handelsweeër geheien ons vill Steng an den Wee. Dës Spannungen, awer och d’Zäiten vun der Pandemie, hunn ons gewisen, dass Europa vill vun sengen internationale Liwwerketten ofhängeg ass.

D’lescht Joer hu mer den 30. Gebuertsdag vum Bannemaart gefeiert. Dësen historesche Moment huet ons drun erënnert wéi wichteg de Bannemaart fir ons Prosperitéit an der Unioun ass. De Bannemaart ass ee vun de Piliere vun onser europäescher Integratioun a vun onser Beweegungsfräiheet, besonnesch an de Beräicher vu Gidder a Servicer, awer och vu Kapital a selbstverständlech och vu Persounen.

An deem Kontext ass déi nei Zesummstellung vun der Kommissioun a vum Europaparlament e wichtegen Moment fir onsen Engagement fir d’Stärkung vun onser Kompetitivitéit ze erneieren. Den Fokus vun der neier Kommissioun op d’Stärkung vun onsem Bannemaart, ass e bedeitende Schrëtt.

Mir begrëssen déi zwee Rapporten iwwer de gemeinsame Bannemaart an iwwer déi zukünfteg europäesch Kompetitivitéit déi respektiv vum Här Letta an vum Här Draghi geschriwwe goufen. Sie maachen ons wäertvoll Virschléi wéi mer ons Aarbecht weider brénge kënnen.

Ech well och nach bemierken dass mir an onse Beméiungen fir ons europäesch strategesch Autonomie ze stärken, müssen oppassen dass mir eng “open” Wirtschaft ënnerstëtzen. Et ass kloer dass mir als Lëtzebuerg keen Interessi hunn fir dem Handel Steng an de Wee ze leen. Mir müssen also de richtege Equiliber fannen tëscht Effizienz an Resilienz. Dofir setze mir ons an – zu Bréissel an der EU, zu Genf an der OMC.

[Lëtzebuurger Presidency 2029]

Ech wëll dës Geleeënheet awer och ergräife fir e bësse méi wäit an d’Zukunft ze kucken, nämlech an dat éischt Semester vun 2029, wou Lëtzebuerg – als Grënnungsmitglied vun der Europäescher Gemeinschaft – fir déi 13. Kéier insgesamt, d’Présidence vum Conseil iwwerhuele wäert.

All Presidency ass ëmmer erëm d'Geleeënheet fir onsen europäesche Partner ze beweisen, datt mir gewëllt a fäeg sinn, iwwert ons selwer erauszewuessen, an ons ganz an den Déngscht vun der Europäescher Unioun ze stellen. Grad fir ee Land wéi onst, dat sech net duerch endlos Ressourcen auszeechent, ass esou eng Presidency awer och eng grouss Erausforderung. Dofir wëll ech och elo schonns un iech all appelléieren, datt mir déi Aufgab als ganzt Land, geschlossen a fréizäiteg wäerte mussen ugoen.

Wa mir ons déi néideg Mëttele ginn, fir onser pro europäescher Gesënnung gerecht ze ginn an d'Europäesch Unioun virunzebréngen, wäerte mir mat Houfert op ons Presidency kucke kënnen, an d'Europäesch Unioun wäert mat Stolz op hir europäesch Haaptstad, Lëtzebuerg, blécken.

[Bilateral Relatiounen mam Rescht vun Europa]

Ons bilateral Relatiounen mat aneren europäesche Länner si wichteg, och ausserhalb vum EU-Kader. Als Grënnungsmitglied vun der Europäescher Unioun hu mir mat villen anere Memberstaaten besonnesch enk Relatiounen. Als Mitglied vun der EU sinn dës Bezéiungen awer kloer gepräagt vu gemeinsamen Interessi fir d'wirtschaftlech Stabilitéit, d'Kompetitivitéit vum europäesche Maart an d'Defense vun europäesche Wäerter. Op diplomateschem Niveau diskutéiert Lëtzebuerg mat den anere Länner bannent der EU iwwert Theme wéi Migratioun, Energiepolitik an d'Transitioun an eng gréng Wirtschaft. Lëtzebuerg mécht sech staark fir e méi inklusiv Kooperationsmodell, do wou néideg och géint méi nationalistesch Positiounen vu verschiddenen EU Länner. Och am Beräich vun der Kultur, der Recherche an der Héichschoul ass d'Zesummenaarbecht ons wichteg, mat Initiativen déi, zum Beispill, den Austausch vu Kënschtler a Fuerscher féerden.

Mee gutt europäesch Relatiounen, dat sinn net just d'Relatiounen mat den aneren EU-Staaten. Mir läit et um Häerz hei och kuerz op ons Partner um europäesche Kontinent anzegoen déi net an der EU sinn.

Ech wéilt hei mam Vereenegte Kinnekräich ufänken. Eng nei Regierung ass dës Juli do gewielt ginn, eng déi bis elo gewisen huet, dass si op de Wee vu konstruktiven Diskussiounen souwuel mat der EU, wéi och mat den eenzelen EU-Memberstaaten, goe wëll. Mir begréissen dës Ouverture. An deem Kontext war d'Participatioun vum *Foreign Secretary* David Lammy um CAE de 14. Oktober zu Lëtzebuerg e kloert Signal fir de Réengagement tëschent der EU an dem Vereenegte Kinnekräich. Op bilateralem Niveau bleiwen d'Britten ee vun onse wichtegsten europäeschen Handelspartner, besonnesch am Beräich vun de Finanzen. Dat dierfen mir net vergiessen.

Mat Bléck Richtung Osten, wéilt ech och gären op ons bilateral Bezéiungen mat de Balkanlänner agoen. Des Relatiounen si sécherlech nach net sou enk, wéi déi mat den EU-Memberstaaten, a besonnesch onsen Nopeschlänner. An trotzdeem sinn si essentiel Partner, mat deenen mir gutt diplomatesch a wirtschaftlech Relatiounen hunn a weider verdéiwe wëllen.

Mir hu relativ grouss Communautéiten aus der Region hei am Land, déi sech souwuel gutt integréiert hunn, wéi och weiderhin en enke Kontakt mat hirer Heemeschtsregion behalen hunn.

Mir ënnerstëtzen och weiderhin d'EU-Ambitiounen vun de Balkanlänner. Lëtzebuerg huet an deem Kontext deene Länner technesch Ënnerstëtzung ugebueden – a Form vu Formatiounen an Expertise – genee wéi och Bourssen fir EU-Recht ze studéieren. Esou wëlle mir hinnen hëllefen den *Acquis communautaire* sou gutt a sou séier wéi méiglech anzeféieren an ëmzesetzen.

Ufank dës Mounts war ech op Aarbechtsvisitt an de Kosovo. Wéi dir wësst huet Lëtzebuerg ganz enk Bezéiunge mam Kosovo. Dëst war eng gutt Geleeënheet engersäits fir d'Echangen mat mengen Homologen, a gläichzäiteg och fir mir ons Projeten am Kosovo ukucken ze goen, besonnesch an de Beräicher vun der Gesondheet, der Beruffsausbildung, dem Energiesecteur, an dem inklusiven a nohaltege Wuesstum. D'nächst Joer wäerte mir och, zesumme mat der Belsch, e Contingent vun Zaldoten detachéieren. Dës Missioun, ënnert lëtzebuergeschem Kommando, wäert d'KFOR Missioun am Kosovo am Beräich vun der Kommunikatioun an der Droneniwwerwachung ënnerstëtzen. Eng Rees op Pristina, wëll ech just drun erënneren, ass keng Rees géint Belgrad, an eng Rees op Belgrad ass keng Rees géint Pristina.

[Groussregion]

Mir sti viru sëllege signifikante wirtschaftlechen Erausforderungen: déi extra-europäesch Konkurrenz, d'Energiekris, d'Versuergungsengpäss, d'Upassungen un de Klimawandel. Mee fir iwwert déi Defien vun der Zukunft an der Aussepolitik ze schwätzen, dofir brauche mir net bis un d'Baussegrenzen vun der EU kucken ze goen. Dës stellen sech och vill méi no bei ons doheem. Och an onser Groussregion ginn d'Erausforderunge méi komplex. Klima, Ëmwelt, Energie, Mobilitéit, Formatioun, Kultur, Gesondheet, Sécherheet verlaangen eng méi enk grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht. D'Regierung ass sech bewosst, dass Lëtzebuerg op gutt Relatiounen mat den Nopeschregiounen ugewisen ass. D'Iddi vun engem vereenten Europa manifestéiert sech virun allem un den europäesche Bannegrenzen, dat heescht an de Grenzgebieder. Lëtzebuerg an d'Groussregion sinn exemplaesch heifir, a fir déi am Alldag geliefte europäesch Integratioun. Et gëtt keng grenziwwerschreidend Region an Europa, déi sou vernetzt ass wéi ons. Et ass eng europäesch Modellregion. Genee dofir gëtt se am Letta-Rapport explizit gelueft wat d'Qualitéit vun hirer institutioneller Zesummenaarbecht betrëfft.

D'Groussregioun ass de gréissten grenziwwerschreidenden Aarbechtsmaart an der EU. De lëtzebuergesche, genee wéi den europäesche Wirtschaftsmodell hänken heivun of. Fir op internationalem Plang kompetitiv an attraktiv ze bleiwen, muss d'Fonctionnement vum EU Bannemaart weider gestärkt ginn.

Déi reegelméisseg Koordinatioun mat onsen Nopeschregiounen ass fir ons essentiel.

An d'Covid-Kris huet ons gewisen: Lëtzebuerg ass keng Insel a mir mussen ons mat onsen Nopeschregiounen op zukünfteg Défie virbereeden. Deemools huet d'Zesummenaarbecht besonnesch mat Ostbelgien, mam Oliver Paasch, deen ech hei extra wëll ernimmen, mat Frankräich mam Emmanuel Macron, an och mam Malu Dreyer eis gehollef - zesumme mat onserer fréierer Groussregiounsministesch vun deemools d'Madame Cahen - dat Schlëmmst ze verhënneren. Dofir sinn ech och frou, dass den Katastropheschutz an d'Katastrophepräventioun zu den Haaptprioritéite vun der aktueller rheinland-pfälzescher Presidence vum Sommet vun der Groussregioun gehéieren. Am Eeschtfall erméiglecht dëst eng besser grenziwwerschreidend Ofstëmmung vun den Experten um Terrain an an Noutfäll eng géigesäiteg Ënnerstëtzung.

D'Zesummenaarbecht an der Groussregioun an déi bilateral Zesummenaarbecht mat onsen dräi Nopeschlänner sinn elo am selwechte Ministère ënnerbruecht. D'Groussregioun ass en Deel vum Ausseministère ginn. D'Virdeeler sinn evident: méi Effizienz, méi Kohärenz an eng besser Ofstëmmung tëschent dem bilateralen an dem multilateralen Niveau.

Konkret Beispiller sinn d'Wirtschaftsmiessioun vum März 2024 an d'Saarland an d'Staatsvisite vum Abrëll an der Belsch. Heibäi waren de Waasserstoff, déi erneierbar Energien an d'Digitalisatioun wichteg Themen.

Zesummen mat onsen Nopeschregiounen mussen mir déi wirtschaftlech Schlësselektoren vun der Zukunft entwéckelen: Industrie 4.0, KI, Ëmwelttechnologien, Kreeslaafwirtschaft.

Fir dës wirtschaftlech Transformatiounen ze bewältegen, brauche mir qualifizéiert Aarbechtskräften. Dofir fërderen mir an der Groussregioun ënnerscheedlech Kooperatiounspartnerschaften tëschent Schoulen, Universitëiten a Fuerschungsinstituter fir ons Talenter vu muer ze forméieren an nei Synergien ze identifizéieren.

Ons Attraktivitéit a Kompetitivitéit fërderen mir net just duerch eng verstärkten Zesummenaarbecht am Beräich vun de Formatiounen.

Doriwwer eraus muss den Aarbechtsmarché sech och un déi wirtschaftlech Realitéiten upassen. D'Afféierung vun 34 Deeg Télétravail fir déi Belsch, däitsch a franséisch Frontalieren huet de lëtzebuergesche Aarbechtsmarché méi attraktiv gemaach.

D'Mobilitéitsoffer spillt och eng wesentlech Roll fir d'Attraktivitéit an d'Kompetitivitéit vum lëtzebuergesche Aarbechtsmaart. Dës gëllt et ënnert anerem fir ons Awunner a Frontalieren am

Echange mat onsen Nopeschregiounen ze verbesseren. Et geet hei net drëms fir de Vëlo géint den Auto auszespillen, oder d'Zuchverbindunge géint de Bus. Ons kloer Ambitioun ass et fir zesummen mat onse Partner aus der Groussregioun eng attraktiv multimodal Mobilitéitsoffer weider auszubauen. D'Mobilitéit gehéiert weiderhin zu den Haaptprioritéiten vun der aktueller Residence vun der Groussregioun, genee wéi och d'Energieversuergung. Et gëtt e staarke Wonsch fir déi grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht am Beräich vun den erneierbaren Energien ze verdéiwen, virun allem am Beräich vum Waasserstoff.

Wa mir iwwert den Aarbechtsmarché schwätzen, dann dierfe mir weder d'Besoinen vun onse Betriber, nach d'Besoinen vun de Leit aus den Ae verléieren. An dat sinn net zu Lescht och déi iwwert 230.000 Frontalieren, déi ronn 47% vun der Aarbechtskraaft hei an dësem Land ausmaachen. Dovunner kommen iwwert 124.000 Grenzgänger aus Frankräich. Dofir müssen mir ons zesummesetzen an déi Erausforderungen, deene mir als Regioun entgéint kucke müssen, virgräifen. Mir müssen am Dialog matt onse Kolleegen aus der Groussregioun no gemeinsame Léisunge sichen, fir déi Problemer déi mer deelen, oder déi an den nächste Joren virun der Dir stinn.

Mir musse virgräifen, anticipéieren betreffend d'Erausforderungen vun der Mobilitéit, vum Aarbechtsmarché an vun der Educatioun.

Dës a sëlleg aner Sujeten ginn op techneschem Niveau tëschent Lëtzebuerger Experten an den Homologen aus den Nopeschregiounen – Rheinland-Pfalz, Saarland, Ostbelgien a Wallounien – diskutéiert, sief et op multilateralem oder bilateralem Niveau, an op onser Säit an enger interministerieller Approche vum Ausseministère coordonéiert.

Kohärenz an der Zesummenaarbecht mat onsen Noperen ass essentiel. Kohärenz an eng global Siicht fir ons kënnen ze positionéieren. Zesummenaarbecht ass e konstruktiven Dialog deen sech un de Besoinen vun de Biergerinnen a Bierger, a vun de Frontalieren orientéiert.

Dowéinst hu mer mat Frankräich d'*Commission intergouvernementale franco-luxembourgeoise pour le renforcement de la coopération transfrontalière* – kuerz: d'CIG. An d'CIG, dat ass a bleift d'Referenz fir ons Zesummenaarbecht mat Frankräich. Dat ass de regelméissege Rendez-vous dee Lëtzebuerg a Frankräich zesummen viru bal 15 Joer an d'Liewe geruff hunn, fir onst Partenariat nach weider ze stäerken an eng Plattform fir den Dialog ze schafen, fir iwwert all Secteure vun der Zesummenaarbecht och kënnen ze diskutéieren. An d'Loscht fir och an der Zukunft weiderhi konstruktiv zesummenzeschaffen ass op béide Säiten do.

[Oppe Grenzen]

D'Zesummenaarbecht mat onsen Noperen ass de Grondsteen fir e gutt Zesummeliewen an der Regioun. Et ass am Interessi vun onse Bierger, egal op wat fir enger Säit vun der Grenz si liewen. Well dës Grenzen sinn et fir onse Biergerinnen a Bierger net méi ginn. A genee dëst – keng

Grenzen an der Regioun a keng Grenzen an de Käpp – dat gehéiert mat zu deem Wichtigsten dat mir an Europa erreicht hunn.

Wéi och déi aner Regierungsmemberen, maachen ech mech bei all Geleeënheet staark fir en oppent a fräit Europa. Déi Grenzkontrollen déi een nom aneren uechter Europa erëm anzeféiere schénge, iwwert déi mussen mer schwätze mat onsen Noperen.

Ech erënnere meng Kolleegen, ob aus Däitschland oder Frankräich oder aneren Memberstaaten, ëmmer rëm drun, wéi wichteg en Europa ouni Bannegrenzen fir ons europäesch Bierger ass, awer och besonnesch fir Lëtzebuerg, an an der Groussregioun. Déi Kontrolle mussen zäitlech limitéiert sinn, an esou oflafen, dass den Impakt virun allem op d’Grenzgänger sou niddreg wéi méiglech ass.

De Fokus mussen mer op d’Bausegrenze setzen. An d’Solidaritéit an Europa dierfe mir net a Fro stellen. Well dat wier eng Kapitulation vum europäesche Geescht a vun den europäesche Wäerter. Grenzkontrolle laangfristeg aféieren, a Grenzen am Alldag an an de Käpp zouloossen, dat wier wéi wa mir Europa géingen um Altor vum Populismus a Rietsextremismus opferen.

[Benelux]

D’Benelux Union, eng regional Zesummenaarbecht, déi sech zënter Joerzénge als quasi avantgardistesche Modell behaupt huet, feiert dëst Joer schonn duebel souvill Joren wei d’Schengener Ofkommen. Säit 80 Joer, a bis haut, déngt de Benelux als Laboratoire vun Iddien an Initiativen fir d’europäesch Integratioun.

A fir déi 40 Joer Schengener Ofkommen wäert Lëtzebuerg d’Présidence vun der Benelux Unioun iwwerhuelen, eng Unioun déi op de gemeinsame Wäerter vu Solidaritéit, Oppenheet an grenziwwerschreidender Zesummenaarbecht berout. De Benelux huet eng Pionéierroll am Opbau vun der Europäescher Unioun gespilt, besonnesch a punkto Mobilitéit, Wirtschaft a Justiz. Fir ons Présidence 2025 setze mir ons als Zil dëst weiderzedreien.

Ee vun de bedeitendste Momenter vun onsem Joer vun der Présidence wäert ouni Zweifel d’Commemoratioun vun de 40 Joer Schengener Accord sinn. Dësen Accord, deen 1985 an engem klengen Lëtzebuerger Duerf ënnerschriwwen gouf, huet d’Gesicht vun Europa nohalteg verwandelt: d’Bannengrenze si verschwonnen an d’Leit kënnen sech fräi beweegen. Genee dësen Accord baséiert op engem *Benelux*-Accord an ass souguer an de Gebeilechkeeten vum Benelux deemools verhandelt ginn.

Mee mam Benelux kucke mir net just zrëck op déi lescht 40 oder 80 Joer. Onse Bléck ass och resolut an d’Zukunft gedréit. Mir mussen op gemeinsam Erausforderunge reagieren: sief et de Klimawandel, d’Energietransitioun oder d’Digitaliséierung vun onse Wirtschaften.

[Conclusiounen Europa]

Ech si mir sécher, dass mir, Hand an Hand mat onsen Noperen, d'Erausfuerderungen, déi op ons duerkommen, meeschtere wäerten, an datt genee dës Grondiddi vun der Zesummenaarbecht – am Benelux, mat onsen Nopeschlänner an innerhalb vun Europa – en direkte, positiven Impakt op ons Bierger wäert hunn.

[Réckbléck op d'Siège-Politik am leschte Joer]

Als ee vun de Grënnungsmemberen vun der Europäescher Unioun an historiesche Sätz vun den EU-Institutiounen reflektéiert sech onst Engagement fir den europäeschen Projet och an enger aktiver Siège-Politik.

De Koalitiounsaccord 2023-2028 gesäit vir, dass mir ons déi adequat Moyenen a Ressourcen ginn mam Zil Lëtzebuerg als eng vun den dräi administrativen europäeschen Hauptstied ze stäerken an weider auszebauen. Dëst ass eng Erausfuerderung an engem ëmmer méi kompetitiven Ëmfeld. Ech schwätze bewusst vun administrativen europäeschen Hauptstied, well Hauptstied tout court hu mer der 27 an der EU.

Heizou gehéiert och Lëtzebuerg méi attraktiv ze maachen fir d'Agenten déi fir déi europäesch Institutiounen an international Organisatiounen hei schaffen. Entwëschen schaffen méi wéi 16.000 Agenten bei deene verschiddenen europäeschen Institutiounen, Organer an Agencen an internationalen Organisatiounen zu Lëtzebuerg, an droen zesumme mat hire Familljen zur kultureller Diversitéit, onser Wirtschaft an der Renommée vum Land bäi.

Zënter enger Zäit muss een awer wëssen, dass Lëtzebuerg u senger Attraktivitéit als Sätz vun den europäeschen Institutiounen verléiert, an ëmmer méi Institutiounen hu Schwieregkeeten fir Talenter ze rekrutéieren an och ze halen.

Fir dësem Phenomen entgéintzewierken, deen sech virun allem duerch déi héich Liewenskäschten zu Lëtzebuerg an doduerch der reduzierter Kafkraaft vun den europäeschen Agenten am Verglach mat aneren Standuerter wéi Bréissel erklärt, schaffen mir zesummen mat den Institutiounen och hei zu Lëtzebuerg, u ganz konkreten a cibléierten Mesuren. Ee Beispill heifir sinn ons Beméiungen fir d'Ofschléissen vun engem Ofkommes tëscht den EU Institutiounen an der *Fédération des hôpitaux luxembourgeois* (FHL). De Moien huet d'Madame Deprez mam Commissaire Hahn deen Accord eben och ënnerschriwwen. An der Mëttesstonn hat de Premierminister, zesumme mat der Madame Deprez a mat mir selwer, och Gespréicher mam Här Hahn fir ze kucken fir de Standuert Lëtzebuerg och méi attraktiv ze maachen.

Lëtzebuerg ënnerstëtzt och d'Eenheetlecht Patentgeriicht (*Jurisdiction unifiée du brevet*), där hir Cour d'appel an hire Greffe hire Sëtz zu Lëtzebuerg hunn, esouwuel mat Gebeilechkeeten wéi och mat Personal, fir e beschtméiglechst Ennvironment ze garantéieren. Knapp 1 Joër no der Aweiung ass dat Eenheetlecht Patentgeriicht zum feste Bestanddeel a punkto Patentrecht an Europa ginn. Seng Wichtigkeet fir en zukunftsorientéiert a kompetitiivt Europa ass net ze ënnerschätzen, an d'Präsenz vun dësem Geriicht verstärkt weiderhin de Statut vu Lëtzebuerg als internationale Kompetenzzenter am Justizberäich.

Doriwwer eraus schaffen mir weiderhin drun fir Entitéiten vun internationalen Organisatiounen op Lëtzebuerg ze bréngen a si vun existentem lokalen Synergië profitéieren ze loossen.

[International Handelspolitik – internationale Kontext]

De globalen Handel steet och viru groussen Erausforderungen. De multilaterale Kontext, eemol op Kooperatioun an Oppenheet baséiert, gëtt ëmmer méi duerch protektionistesche Approché menacéiert.

Mir spieren ëmmer méi staark, wéi den internationalen Handel erëm politiséiert gëtt. Dëst huet ugefaang mam Trump sengen Stoltariffer 2018. Hei wäerte mir ab Januar d'nächst Joer gesinn, wéi hien a senger zweeter Amtszeit mat dëser Measure wäert ëmgoen. Mee och fir den "Inflation Reduction Act" vun der Biden Administratioun am Joer 2022 misst Europa fir d'éischt eemol Äntwerte fannen. Dozou kënnt eng duerch de russeschen Aggressionskrich an der Ukrain verursacht Energiekris.

Onse Wuelstand an Europa ass duerch oppe Grenzen, eng fräi Wirtschaft, an dank engem op international unerkannte Reegele baséierende Welthandel entstanen. Au vu vun de geopolitesche Krisen an de wirtschaftleche Schwierigkeete stinn dës dräi Piliere zounehmend ënner Drock.

Nieft innereuropäesche Grenzkontrolle geet och d'Zuel vun den internationalen Handelsbarrièren erëm erop. Ons Entreprise sinn ëmmer méi mat wirtschaftlechen Dynamike konfrontéiert, déi net méi mat engem "level playing field" vereinbar sinn.

A finalement gëtt et ëmmer méi schwéier, innerhalb vun der OMC Léisungen zu de wuel bekannte Problemer ze fannen. Notamment de Resolutionsmechanismus fir Konflikter ass säit 2019 blockéiert, ouni vill Perspektiv, dass sech dëst an den nächste 4 Joer wäert änneren.

Lëtzebuerg als klengt, weltoppent Land wäert sech weider mat aller Kraaft dofir engagéieren, dass och weiderhin net dee Recht kritt, dee säi Wëllen duerch seng Gréisst duerchsetze kann, mee

dass déi international Gemeinschaft esou wéi och de Privatsecteur sech op kloer Reegelen an Norme kënnen verlossen.

[Wirtschaftlech Sécherheet]

Déi aktuell geopolitesch Tensiounen féieren dozou dass d' wirtschaftlech Sécherheet eng méi zentral Roll an der europäescher Unioun spillt. Am Juni 2023 huet d' Kommissioun hir global Strategie fir wirtschaftlech Sécherheet präsentéiert.

An deem Kontext, huet Lëtzebuerg am Juli d'lescht Joer en nationale Kader geschafe fir d'Iwwerpréiwung vun auslänneschen Direktinvestissementer, deen ons erlabe soll sécherzestellen, dass dës Investitiounen net d' Sécherheet an déi öffentlech Uerdnung a Gefor bréngen.

Um europäeschen Niveau, schaffe mir aktiv mat der Kommissioun an de Member Staaten zesumme fir e kohärenten an eenheetleche Rechtskader auszeschaffen. Hei leeë mir e grouse Wäert op e weiderhin oppent an dynamescht Ëmfeld fir Investitiounen an dass sou mann wéi méiglech administrativ Hürde fir d' Betriber an Administratiounen entstinn.

Bei der Kommissioun hiren Iwwerleeunge fir europäesch Investissementer an Drëttlänner ze iwwerpréifen, ënnerstëtze mir eng virsiichteg Approche an eng grëndlech Impaktanalys ier nei Instrumenter agefouert ginn.

[Conclusiounen Handelspolitik]

Während mir eng selbstbewosst a realistesch Approche an onser Handelspolitik brauchen, ass et wichteg d'Chancen déi ons d'Globaliséierung bréngt, elo net ze niéieren. Wa mir een "derisking" wëllen, ouni "decoupling", da musse mer ons Handelsbeziunge weider diversifizéieren. Dat heescht, datt mir nei Accorde mat neie Partner mussen ofschléissen. Lëtzebuerg wäert sech weider asetzen fir fräien Handel an eng open Economie. Mir mussen awer och sécherstellen, dass et e gewësse "level-playing field" gëtt.

D'Verhandlung mam Mercosur - an d'Diskussiounen déi ech och mat der Mme Hansen, mam Här Roth, mam Här Frieden an mam Här Delles hat - sinn heifir e gutt Beispill. Den Ament kënnen mir ons Zoustëmmung net ginn : Mir waarden drop dass d'Kommissioun de Memberstaaten den Inhalt vum fäerdeg verhandelten Text virstellt, matt zousätzlechen Engagementer.

Mir müssen awer och driwwer nodenken, wéi mir fir ons Handelspartner weider attraktiv bleiwen. Et muss een sech bewusst sinn, dass de sogenannte "Brussels effect", dat heescht d'Unzéiungskraaft vun de Standarden déi mir an der EU decidéieren, an enger multipolarer Welt tendenziell méi schwaach gëtt.

An Zukunft wäerten Handels- Industrie- a Sécherheetspolitik méi eng matenee verknëppt sinn. Trotzdeem däerfen och weiderhin Investisseuren aus Drëttlänner net automatesch als Secherheetsrisiko bekuckt ginn, mee virun allem als Chance fir auslänneschen Know-how an Europa unzezéien.

Natierlech dierfen och mir net naiv sinn. Sou musse mir, wann dëst néideg gëtt, ons Wirtschaft schützen, falls noutwenneg mat eegenen Tariffer. Trotzdeem dierfe mir och net an d'Fal vum blanne Protektionismus falen. Ons Measure müssen op Fakte baséieren, konform mat den international Reegele sinn, an ëmmer d'Méiglechkeet op en Dialog bidden.

Schlussendlech huet souwuel Lëtzebuerg wéi och d'EU näischt un engem Handelskrich ze gewannen. Nëmmen zesummen, an net géintenee kënnen mir déi Erausforderunge, virun deene mir als international Communautéit stinn, léisen.

[D'Prinzipien vun der Promotioun vum Commerce extérieur an den Investissementer]

Ech hunn et agangs gesot : ech sinn als Ausseminister mëttlerweil och responsabel fir d'Promotioun vum Commerce extérieur an den Investissementer, well déi jo an der neier Regierung vum Wirtschaftsministär an den Aussenministär migréiert ass.

A mengen 10 Joer als Premier hunn ech mech ëmmer fir d'Lëtzebuenger Betriber agesat an ech muss iech soen, et ass mir ee Pleséier dat weider mat Passioun ze maachen! Dës Kéier als Reesenden, am Ausland ënnerwee.

Ech soen awer dozou dass d'Promotioun een Team Effort ass! Ech sin duerfir ganz frou fir enk mam Palais, mam Premier, mam Wirtschaftsminister, mam Finanzminister, matt der Digitalisatiounsministesch, a matt anere Regierungskollegen zesummen ze schaffen wann et drëm geet, onst Land als „Team Lëtzebuerg“ am Ausland ze promouvéieren!

De Succès vu Lëtzebuerg ass effektiv, dass mir een oppent an Export-orientéiert Land sinn an duerfir mussen mir ons méi no bausse weisen, am Interêt vun onsen Entreprises an de villen auslännesche Betriber déi hei am Land ons Leit beschäftegen.

D'Statistike vum Statec schwätze fir sech: 2023 hat Lëtzebuerg een Handelsvolumen vun 301 Milliarden Euro.

Méi wéi 90% vun onsen Handelsbeziunge si konzentréiert op ons 20 éischt Handelspartner. 61% vun onsem Handelsvolumen hu mir mat der EU an 39% mam Rescht vun der Welt. 83% vum Gesamtvolumen vun onsem Handel ass d'ailleurs an de Services, wat och weist dass mir ons mussen beméien, Investissementer an d'Land ze bréngen.

Ons Handelspolitik ass ganz kloer op den 2 Pilieren vu Commerce extérieur an Investissementer zu Lëtzebuerg opgebaut.

Wéi am Regierungsprogramm virgesinn, wëlle mir ons duerfir d'Mëttel ginn fir ons Promotion économique ze stäerken, virun Allem elo, wou d'wirtschaftlech Situatioun an Europa an zu Lëtzebuerg mei schwierig ginn ass.

Et ass duerfir wichteg dass mir am Interêt vu Lëtzebuerg ons Handelsbeziungen ausbauen an och Investitiounen mat héijer Valeur ajoutée an d'Land kënnen unzéien.

Als „Team Lëtzebuerg“ sti mir dofir fest hannert dem Lëtzebuenger Standuert am Häerze vun Europa a si fest verankert an der Europäescher Unioun, wat onse gréissten Avantage ass!

[Den éischte Bilan]

An de leschten Méint, hunn ech eng ganz Partie Wirtschaftsmissiounen an d'Ausland geleet, dorënner am Kader vun der Staatsvisitt an der Belsch, mee och an d'USA, Japan a Korea.

Et ass ëmmer ee ganz groussen Interêt do vun de Lëtzebuenger Betriber, déi zesumme mat der Chambre de Commerce matgaange sinn fir nei Marchéen z'entdecken oder besteeënd Kontakter ze fideliséieren.

Ech haat onzieleg Réunioune matt Lëtzebuenger an internationalen Entreprises, op dat elo um *Luxembourg American Business Award* zu New York war, zu Berlin, zu Paräis, oder hei zu Lëtzebuerg während der Nexus 2050 Konferenz.

Et geet bei deenen Echangingen drëm, ons Kontakter ze pfliegen, mä och de Bols ze fille vum internationalen Ecosystem. An do hunn ech awer eppes festgestallt:

An dësem Moment, an dësen Zäite vu Krich an der Ukrain an am Noen Osten, an Zäite vun deieren Energiepräisser an der ugespaanter wirtschaftlecher Situatioun weltwäit, ass eng gutt Handelspolitik nach méi wichteg ze hunn, wéi dat jee virdrun de Fall war.

Och wa mir géint en haarden Wand op den internationale Marchéë kämpfe wäerten, bleiwen ech awer zouversichtlech dass mir en mesure sinn, ons den neie geopoliteschen an wirtschaftleche Konstellatiounen unzepassen.

[E gudde Kader fir ons Betriber]

Mir hunn eng Aussenhandelspolitik déi op onse Wäerter, dem Rechtsstaat an dem Respekt vum multilaterale Kader opgebaut ass.

E staarke multilaterale Kader duerch d'EU an d'Welthandelsorganisatioun ass also wichteg, grad esou wei de bilaterale Kader, wou mir mat onsen Accords aériens an Duebelbesteierungsofkommen de Betriber hëllef am Ausland Handel ze bedreiwen.

Mir wëllen och hei am Land onsen Entreprisë finanziell ënnert d'Äerm gräife fir besser gewappnet an d'Ausland ze goen. Ech denken do un d'Exporthëllef duerch de Comité fir d'Promotioun vun

den Exportatiounen (COPEL) oder d'Exportversécherungen duerch den Office du Ducroire, déi ons Entreprises direkt ënnerstëtzen. Mir hunn och an der Tëschenzeit de Budget vum COPEL weider an d'Luucht gesat.

Mat onse Wirtschaftsmissiounen si mir och do fir, zesumme mat der Chambre de Commerce, de Lëtzebuurger Betriber am Ausland Dieren opzemaachen. Ech wéilt och heimat gären nees dem Grand-Duc héritier Merci soen dass hien bei deene sëllegen Wirtschaftsmissiounen ëmmer matgeet. Nach d'lescht Woch, och wann et keng Wirtschaftsmissioun war, huet hien um Web Summit zu Lissabon nees nei Dieren opgemaach. An ech hoffen, dass ech weider op seng Zesummenaarbecht kann zielen.

[Conclusion Commerce extérieur]

D'Lëtzebuurger Betriber sinn am Zentrum vun onser Attentioun, souwéi och onst Objektiv fir méi Investitiounen op Lëtzebuerg ze bréngen, di hëllef wäerten ons Wirtschaft nohaltlech ze gestalten an Aarbechtsplazen ze schafen.

Ons Ambitioun ass et, Lëtzebuerg als eng Handelsplattform vun der EU opzebauen an den neien Technologie vum 21ten Joerhonnert wei der Intelligence artificielle, dem E-Health, den erneierbar Energien oder am Beräich vun den E-Batterien.

Ech gesinn dëst als eng Kontinuatioun vun der Promotion économique vun onsem Land vun den leschten Joren.

Als „Team Lëtzebuerg“ hoffen ech dowéinst op e breede Konsens an der Chamber wat d'Noutwendegkeet ugeet fir eng dynamesch Promotioun vum Commerce extérieur an den Investissementer fir onst Land!

[Affaires consulaires]

Den internationale Kontext deen ëmmer méi komplex gëtt, ass net nëmmen an de classeschen internationale Bezéiungen eng Erausforderung, mee och am Beräich vun dem Service um Bierger deen den Ausseministère ganz eescht hëllt. Ech schwätze vun der konsularescher Hëllef déi dem Bierger am Ausland eng Berodung an Ënnerstëtzung ubitt. Sief et, fir onse Bierger bäizestoen, zum Beispill fir se bei gréissere Sécherheetskrisen an anere Länner oder Regiounen heem ze bréngen wann se dat wëllen. Esou Situatiounen ginn tendenziell méi heefeg. Mä och am Kontext vun Naturkatastrophen, Accidenter, Déifstäl oder soss all Zorte vu schwierge Situatiounen.

An dem Kontext wëll ech drop verweisen, wéi nützlich et ass wann d'Bierger sech mat hire Coordonnéeën op der online Plattform „Lëtzebuenger am Ausland“ (genannt LaMA) aschreiwen, éier se verreesen, fir datt mer hinne méi proaktiv kënnen hëllef.

Anerersäits schwätzen ech vun deenen anere konkrete Servicer, bei deene mer reegelméisseg nei Rekorder opstellen. Déi Evolutioun geet net an eng fundamental nei Richtung zanter ech Aussenminister sinn, mä se ass net manner impressionant. Bis Enn dës Joers wäerte meng Servicer ronn 64.000 Lëtzebuenger Päss ausgestallt hunn, dat ass eng Hausse vun 202% par rapport zu dem Stand virun 10 Joer, am Joer 2014. Bei de Visae fir Bierger aus Drëttlänner déi wëllen heihinner reesen, si mer bis Joresenn bei ronn 28.000 Demanden. Dat ass am Verglach zu de Joreszuele vu virun 10 Joer eng Hausse vun 273%.

Ech wëll och déi konstant Hausse vun den Zuel vun de Lëtzebuenger Staatsbierger, déi Residenten am Ausland sinn, ervirhiewen, déi onse Ministère an d'Ambassaden a Konsulater uechter d'Welt virun nei Defië stellt. Ons Diplomaten an aner Agenten am Ausland, déi maachen och e Service um Bierger. Ech erënneren drun, dass mëttlerweil ronn 144.000 Lëtzebuenger am Ausland liewen, dat si ronn 28% vun der Gesamtzuel vun alle Lëtzebuenger Bierger.

Déi Zuel, där sech vläicht vill Awunner vum Land nët onbedéngt direkt bewosst sinn, erkläert sech natierlech zum Deel duerch onst Nationalitéitegesetz. Do ginn et natierlech Erausforderungen. Mer müssen ons vläicht nach méi wéi bis elo bewosst ginn, dass Lëtzebuerg nët nëmmen e Land mat vill Zouwanderung ass, mee mëttlerweil och mat groussen Auslandskommunautéiten. Sécherlech: den effektive Lien vu villen "neie" Lëtzebuenger matt eisem Land ass nët ëmmer immens stark. Hir Virfaren, déi vu Lëtzebuerg koumen, sinn oft dat eenzegt wat se hunn.. Mä esou wéi am Koalitiounsaccord virgesinn, sollen mer déi Diaspora och als eng Opportunitéit ugesinn, där hiert Potential mer solle weider exploréieren. Dozou gehéiert awer och ons Obligatioun als Verwaltung, fir fir déi Bierger do ze sinn, wann se ons brauchen an esouwäit mer dat am Kader vun onse konsulareschen Aktivitéite kënnen maachen.

[Ausbléck op Enn 2024 an op d'nächst Joer/Conclusioun]

Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären,

Erlaabt mir elo zum Schluss vun dëser Ried en Ausbléck op déi nächst 12 Méint. Ech wäert mech weiderhin konsequent asetzen fir ons Wäerter an ons Interessien uechter d'Welt ze promovéieren an ze verteidegen, an d'Geleeënheeten dofir wäerten net feelen, do sinn ech iwwerzeegt dervun.

Un éischer Stell hoffen ech, dass sou séier wéi méiglech e Waffestëllstand fir Gaza an e Waffestëllstand fir de Libanon kënnen fonnt ginn, nach ier déi nei amerikanesch Administratioun

ufänkt matt schaffen. Et gött keng Uersaach, bis de Januar ze waarden. An duerno musse mer endlech op eng Zweek-Staate-Léisung hischaffen, fir e gerechten an dauerhafte Fridden an der Region. Grad sou hoffen ech, dass e gerechten an dauerhafte Fridden fir d'Ukrain méiglech gött an deenen nächste Méint.

Um multilaterale Plang kommen och eng Partie Erausforderungen op ons duer, déi mir matt vollem Engagement wäerten ugoen oder schon ugaange sinn a wäerte weiderféieren:

- Lëtzebuerg iwwehëllt den 1. Januar d'Présidence vum Benelux.
- Leschte Mëttwoch huet Lëtzebuerg zu Stroossbuerg d'Présidence vum Comité des Ministres vum Europarat, dem Conseil de l'Europe, iwweholl. Fir déi nächst 6 Méint wäerte mir aktiv schaffen, fir ons Prioritéiten ëmzesetzen, a fir de Ministerrot efficace ze leeden. Wann dir eng Kéier zu Stroossbuerg sitt, da gesitt dir de Logo vun eiser Présidence. De Logo ass eng Oeuvre vum Lucien Wercollier. Ech fannen de Lien, mat deem wat mir momentan an Europa erliewen a mam Stellwäert, deen de Conseil de l'Europe sollt hunn, wichteg: e Kënschtler ze hunn, deen "Nee" zum Occupant gesot huet an deen dofir och e ganz grouse Präis huet misse bezuelen. Ech fannen, dass dëst e staarkt Symbol ass vu Kultur a vun eiser DNA hei am Land. Déi dräi grouss Piliere vum Conseil sinn: Mënscherechter, Demokratie a Rechtsstaat. Spezifesch konzentréiert d'Lëtzebuerger Présidence sech op Initiativen fir de Rechtsstaat ze verteidegen, dorënner zum Beispill och d'Verteidegung vu Schlëssel-Akteuren wéi de Journalisten, den Affekoten oder de Mediateuren/Ombudsman; op Initiativen fir de "Vivre-ensemble" an onse Gesellschaften ze verdéiwen, wat och d'Chancegläichheet an de Kampf géint d'Gewalt géint Fraen a Meedercher beinhalt; an op d'Kultur, de Sport an de Patrimoine als Vecteuren vun der Promotioun vun de Mënscherechter. Eng Iddi, déi ech och an dëser Réunioun matgedeelt hunn: dir wësst, dass et den Interrail gött, mat deem een als jonk Persoun mam Zuch duerch Europa fuere kann. Firwat kënnen mir iwwert de Conseil de l'Europe net esou eppes maachen fir d'Kultur? Dat heescht, datt een dann niemt dem Zuch an dem Interrail och an all Musée an Europa goe kéint? Do si mir am Gaangen ze kucken, wat méiglech ass. Mir schléissen ons Présidence dann of am Mee 2025 matt enger Ministérielle um Kierchbierg.
- Zanter September 2024 a fir zwee Joer ass Lëtzebuerg Member am Conseil des gouverneurs vun der Internationaler Atom-Energie Agence (IAEA) zu Wien. Dat ass déi éischte Kéier an onser Geschicht. Am Rot huet Lëtzebuerg d'Opportunitéit, fir d'Agence an hiren Direkter an der kompletter, onparteiischer an objektiver Ëmsetzung vun nuklearen Sécherheitsmoossnahmen ze ënnerstëtzen, an obstruktionistesche Länner entgéint ze wirken. Mir setzen ons am Verwaltungsrot fir eng multilateral Approche a fir universell Wäerter a Prinzipien an. Dozou gehéiert et och, déi problematesch Dossierer wéi

d’Nuklearprogrammer vun Nordkorea an dem Iran, an déi prekär Situatioun vun den Atomreakteren an der Ukrain, konsequent a konstruktiv unzeschwätzen, well se eng Gefor fir ons all duerstellen.

- Mir preparéieren ons op eng Wal am Hierscht 2025 fir no 20 Joer nees eng Kéier an de Conseil exécutif vun der Unesco gewielt ze ginn. Doriwwer erzielen ech iech dann e bësse méi d’nächst Joer ëm dës Zäit.

[Ons Perspektiven fir de Commerce extérieur]

Wat de Commerce extérieur ugeet, leien ons Prioritéite sécher hei an der EU, wou mir 61% vun onsem Handel bedreiwen a wou mir mat onsen Nopeschlänner an enke Partner zu Bréissel wëllen zesumme schaffe fir de Marché intérieur ze stäerken. Ech hunn och wëlles an nächster Zeit méi aktiv an der Groussregioun präsent ze sin.

Mä mir mussen och mei global ons Promotioun renforcéieren, wéi zum Beispill um Nordamerikanesche Marché, wou mir ons Präsenz nach weider wëlle stäerken.

Et ass ee Kärmarché fir onst Land wa mir wëllen Investitiounen an den héich-technologesche Secteur unzéien. Mir maachen lo gläich eng Ambassade am Kanada zu Ottawa op, an déi Ambassade wäert och eng wichteg Roll an deem Beräich kënne spillen. Generell war et ons wichteg, endlech zu Ottawa opzemaachen : Lëtzebuerg ass do dat lescht EU Memberland wat net präsent war, an dobäi hu mir exzellent bilateral Relatiounen matt Kanada, an och eng gemeinsam Geschicht.

Wa mir iwwert d’Croissance économique schwätzen, da muss Lëtzebuerg och an Asie méi präsent sin, wou ech perséinlech dovun iwwerzeegt sinn, dass dat ee vun de wichtegste Marchéë vum 21ten Joerhonnert gëtt.

China ass zum Beispill ee vun onse gréissten Handelspartner ausserhalb vun der EU an ech sinn och frou, wéi schon ugeschwat, eng gréisser Wirtschaftsdelegatioun an den nächsten Deeg an d’Land ze leeden. Et ass e wichtige Marché an et gëtt vill Lëtzebuenger Entreprisë déi och scho präsent a China sinn.

D’nächst Joer wäert och ganz am Zeeche vun onser Participatioun mat engem nationale Pavillon bei der Expo Osaka stoen, wou mir ganz kloer wëllen nei Partneriater a Japan knäppen am Sënn vun eiser laangjähreger Frëndschaft matt Japan. D’Expo ass eng wonnerbar Opportunitéit, fir Lëtzebuerg a Japan ze präsentéieren.

Virun e puer Méint hu mir, ech hunn et gesot, ons Ambassade a Korea opgemaach, wat och weist dass mir op dem koreanesche Marché wëllen an héich-technologesche Beräicher schaffen.

Ech blécken awer och am Commerce extérieur a Richtung Indien an op d'ASEAN Länner, wou mir ons mei engagéiere musse fir déi nei Marchéen net ze verpassen. Singapur ass zum Beispill onse gréissten Handelspartner an Asien weinst dem Déngschtleeschtungssecteur.

Ech wéilt och hei nach eng Kéier betounen dass mir de Südamerikanesche Marché méi no wëllen bréngen, wou mir jo virun e puer Jore eng Ambassade an Brasilien opgemaach hunn.

Och an Afrika wëll ech ons wirtschaftlech Bezéiungen verdéiwen, ouni do en direkte Lien mat der Entwecklungszesummenaarbecht ze maachen, well ech keng „aide liée“ wëll - also keng Hëllef déi u wirtschaftlech Konterpartië gebonne wier.

Den Afrikanesche Kontinent huet e grouse Wirtschaftswuesstem virun sech an et geet och dofir drëm mat deene Länner ze schaffen, notamment am Tech secteur, de Start-ups an den erneierbaren Energien.

Ier ech elo zum Schluss kommen, wéilt ech eisen Ekippen am Ministère e ganz grouse Merci soen. Un der Spëtz de Generalsekretär an d' 'Direkteren, mais och alle eise jonke Stagiairen a Diplomaten hei am Land, awer och am Ausland, déi d' 'Arbecht all Dag maachen. Ouni si wier déi ganz Diplomatie - sief et de Commerce extérieur oder, och wann haut net Rieds dovunner war, d' 'Koopératioun duerch d' 'Präsenz sur place vun eisen Acteuren - net méiglech. All deenen, déi d' Bild vu Lëtzebuerg am Alldag repräsentéieren: e ganz grouse Merci.

Sou, domatt hu mer den Tour vun der Welt gemaach, iwwert all d' Kontinenter. Ech hoffen, dass ech keen heibanne gelangweilt hunn. Déi ronn 350 Réuniounen a Bilatéralen déi ech hat, illustréieren, wéi wichteg den Dialog ass. Et gëtt méi einfach a méi schwéier Dialogen, méi sympathesch Interlocuteurs wéi anerer - mä mir müssen se all féieren – den Dialog ass a bleift an der DNA vun der Lëtzebuurger Aussepolitik.

Ech soen iech Merci.